

### 3. 5143A - Projet de loi portant modification de la loi du 12 février 1999 concernant la mise en oeuvre du plan d'action national en faveur de l'emploi 1998

**Rapport de la Commission spéciale „Plan d'action national en faveur de l'emploi“**

M. Marcel Glesener (CSV), *rapporteur*. - Här President, Kollegeinnen a Kollegen, d'Bestëmmunge vum virleienden Text waren am Gesetzesprojet 5143, dee mir virun der Sommervakanz gestëmmt hunn, integréiert. Et ass deemools décidéiert ginn den initiale Projet an zwee verschiddenen Texter ze splécken. De Projet 5143, vun deem ech elo grad geschwat hunn, an den Text, deen haut zur Ofstëmmung hei an der Chamber steet.

Dës Entscheedung ass dorobber zréckzeféieren, datt den Text a senger initialer Versioun nieft e puer Ännerunge vum PAN-Gesetz vun 1999 och d'Verlängerung vun de PAN-Moossnamen, déi den 31. Juli vun dësem Joer ofgelaf sinn, virgesinn huet. Well den initiale Projet eréischt Enn Mee an der Chamber deponéiert gouf, an de Statsrot an der kuerzer Zäit net konnt de Projet ëmfaassend analyséieren - dobäi kënnt, datt och d'Berufschamberen zu deem Moment nach keen Avis ofginn hatten -, huet deemools eis Kommission sech der Positioun vum Statsrot ugeschloss an nëmmen déi Bestëmmunge vum Gesetzesprojet, déi d'Verlängerung vun de PAN-Moossnamen zum Zil hatten, virun der Sommervakanz der Chamber zur Ofstëmmung ënnerbreet.

An dësem Kontext erënneren ech drun, datt d'Tripartite zur Konkusioun koom, datt op Grond vun der verännerter wirtschaftlecher Lag et net sënnvoll wier an dësem Moment, also Mëtt dëses Joers, iwwer eng Reform vun de PAN-Moossnamen ze diskutéieren, obschonns dat 1999 festgehalen ginn ass. Et huet méi Sënn sech Zäit ze loosseren an ze kucken wéi dës Moossnamen an engem verännerte wirtschaftlechen an aarbechtsmaartpoliteschen Ëmfeld wierke wäerten.

Dofir goufen déi auslafend Bestëmmungen am Kader vum Gesetz vum 18. Juli 2003 ouni Ännerung verlängert, an dat entweder op eng onbestëmmten Zäit, wéi de Congé parental, oder bis zu engem spéider festgesaten Zäitpunkt - dat ass zum Beispill de Fall bei de Moossnamen, déi d'Aarbechtszäitorganisatiounen betreffen. Fir dës Bestëmmungen ass eng Observationsperiod bis zum 31. Dezember 2006 virgesinn. Nei legislativ Moossnamen, wa se noutwendeg sinn, sollen da spéitstens den 31. Juli 2007 getraff ginn.

D'Entscheidung den initialen Text ze splécken a sech fir d'Éischt op de Volet vun den auslafende Moossnamen ze konzentréieren, an eréischt méi spéit, wa bis d'Avisé vun de Berufschamberen an dem Statsrot do sinn, sech mam Fond vum Projet auserennen ze setzen, war an ass nach ëmmer déi eenzeg richteg Approche. Weder d'Kommission nach d'Chamber konnten d'Responsabilitéit huele fir wichteg Moossnamen den 31. Juli 2003 auslafen ze loosseren, ouni eng Alternativ unzëbidden.

Här President, Kollegeinnen a Kollegen, de virleiende Gesetzesprojet, dee mir elo diskutéieren, setzt déi Dispositiounen ëm, déi net am Kader vum Gesetzesprojet 5143 ëmgesat goufen aus deene Grënn, déi ech elo grad hei opgezielt hunn.

Wat gesäit dann elo dee virleiende Projet vir? Éischters, den Text gesäit als éischt e puer technesch Ännerunge vir, déi dozou bäidroen sollen déi legal Grondlag vu verschidde prakteschen Ëmsetzunge

vum PAN-Gesetz um administrativen Niveau ze klären. Et geet virun allem drëm, fir d'Dispositioun vum PAN-Gesetz zur Bekämpfung vun der Segregatioun vun den Aarbechter méi kloer ze formuléieren. D'PAN-Gesetz vun 1999 gesäit um Niveau vum Artikel 2 verschidden Avantagé finanzieller Natur fir Betriber vir, déi Leit vum ënnerrepresentéierte Geschlecht am Secteur oder am Beruff astellen - also mir bezéien eis op de Secteur.

Dës Moossname si geduecht fir den Taux d'activité vun de Fraen ze förderen, well et haaptsächlech d'Frae sinn, déi am Allgemengen um Aarbechtsmaart, a ganz ville spezifesch Beräicher, ënnerrepresentéiert sinn.

Am Sënn, ënner anerem, vu méi Transparenz, schloen d'Auteure vum Projet vir, d'Gesetz duerch en neien Artikel II bis ze ergänzen, mam Intitulé „Mise en oeuvre des dispositions concernant le sexe sous-représenté“. Si proposéieren am Kader vun dësem Artikel d'Notioun vum „sexe sous-représenté“ ze definéieren - am ursprénglechen an am jëtzen Text ass déi Notioun ongenügend definéiert - an doriwwer eraus, d'Ëmsetzungsprozedur vun den domat verbonnenen Moossnamen ebenfalls am Gesetz ze integréieren.

D'Notioun vum „secteur d'activité“, op déi sech dat aktuell PAN-Gesetz bezieht, kënnt aus dem neie Gesetzestext eraus. Dës Notioun ass einfach ze onkloer a se werft ze vill Froen op - dat huet d'Erfahrung gewisen -, sou dass et net ubruecht ass, dës Notioun weider am Gesetz stoen ze loosseren. D'Auteuren hunn op dësem Punkt der Meenung vum Statsrot Rechnung gedroen, dee sech géint eng Referenz op dës Notioun am Kader vu sengem Avis zum groussherzoglechen Reglement, dee verschidde Bestëmmunge vum PAN-Gesetz hätt misse konkret ëmsetzen, ausgeschwat hat.

Well d'Notioun vu „Profession“ a „Métier“, ergo Beruff, méi einfach ze definéieren sinn, a jidderee weess wat domat gemengt ass, gesäit den Text vir d'Ënnerrepresentatioun am Verglach zum Beruff ze definéieren; dat ass also déi nei Notioun an deen neie Projet.

Den Text geet och vun enger geschlechtsspezifischer Ënnerrepresentatioun aus, wann ee Geschlecht net méi wéi 40% vun all den Aarbechter an engem bestëmmten Beruff um nationalen Niveau ausmécht - och eng nei Notioun am neie Projet. De Grenzwaert vu 40% ass deen, dee vum Europaparlament a senger Resolutioun vum 18. Januar 2001 iwwert déi gläichberechtigt Participatioun vu Fraen a Männer op allen Entscheedungsniveauen zréckbehale ginn ass - dat ass also den zweete Punkt, dee par rapport zum urspréngleche PAN-Gesetz ass.

Den drëtten Punkt vun dësem neien Artikel II bis gesäit zwou Derogatiounen zum Gesetz vum 8. Dezember 1981 iwwert d'Gläichberechtigung tëschent Fra a Mann an der Aarbechtswelt vir. Am Prinzip ass et sou, dass d'Beschäftigungsofferen oder d'Annoncen, déi d'Betriber maache fir eis anzustellen, neutral formuléiert musse ginn. De virleiende Projet erlaabt zukünftig de Patronen, déi Leit vum ënnerrepresentéierte Geschlecht an hirem Betrib ustelle wëllen, hir Annoncé geziilt opzestellen, an net méi neutral mussen opstellen, fir dass och déi betraffe Leit sech direkt besser ugeschwat fillen.

Dee Gesetzestext gesäit och spezifesch Avantagen zu Gonschte vum ënnerrepresentéierte Sex vir. Dës Avantagé si geduecht fir de betraffene Leit d'Ausübung vun hirer Aktivitéit ze vereinfachen respektiv méiglech Désavantagen um Niveau vun der Carrière ze kompenséieren.

De Statsrot huet a sengem Avis vum 23. Oktober gemengt, et misst een den oprichtegen Employeur,

dee sech bei der Ënnerrepresentatioun géif ieren, viru méigleche strofrechtleche Konsequenzen schützen. D'Kommission deelt dës Iwwerleeung vum Statsrot, mä am Géigendeel zum Statsrot, ass se awer net der Meenung, dass d'Prozedur vum Punkt 2 vum selwechten Artikel II bis misst hei spillen. D'Kommission schléit dofir een Amendement vir - an dat fannt Der am schréffleche Rapport am Detail - deen de Suerge vum Statsrot Rechnung dréit.

Sou gesäit den amendéierten Text vir, dass den Employeur vun den Derogatiounen zum Gesetz vun 1981 ka profitéieren, wann d'Sous-représentatioun vum Ministère de la Promotion féminine schréfflech bestätegt ginn ass. De Statsrot huet keng weider Bemierkung zu dësem Amendement, deen d'Kommission abruecht huet, gemaach.

Kollegen a Kollegeinnen, d'Auteur vum Gesetzesprojet hu sech net mat e puer technesch Ännerungen zefridde ginn. De virleien den Text féiert och e puer nei Iddien a Moossnamen an, déi mat der Philosophie vum PAN-Gesetz vun 1999 am Aklang sinn.

D'Konzept vum „bilan de compétences“ ass hautdësdays ee wichtegt Instrument vun der ADEM am Kader vun der Lutte géint d'Aarbechtslosegkeet. D'PAN-Gesetz, wat de Moment en vigueur ass, gesäit vir, dass de Kompetenzbilan vum Fonds pour l'emploi finanziéiert soll ginn. Bis elo hu just d'Bénéficiaire vun engem „contrat d'auxiliaire“ oder „de réinsertion professionnelle“ vun esou enger Moossnam konnte profitéieren. Well et awer wichteg ass jidderengem, deen op der Sich no enger Aarbecht ass, ee Maximum u Méiglechkeeten unzëbidden, fir och eng Aarbechtsplaz ze fannen, soll an Zukunft jiddereen, dee bei der ADEM als Demandeur d'emploi ageschriwwen ass, d'Méiglechkeet kréie vun esou engem Bilan ze profitéieren. D'Gesetz vum 30. Juni 1976 iwwert de Fonds pour l'emploi gëtt also diesbezüglich ëmgeännert.

Nom neien Text soll de Fonds pour l'emploi och d'Prise en charge iwwerhuele vun engem aneren Instrument, dat de Kompetenzbilan ergänze soll: de „Bilan d'insertion professionnelle“. Fir d'Leit um Terrain ass et kloer, dass en einfache Kompetenzbilan haut net duergeet, fir e Chômeur erëm zréck op den Aarbechtsmaart ze kréien. Et ass wichteg aner Elementer, wéi zum Beispill d'Motivatioun vun de Leit, hir Virstellungen an Attitüden, ze berücksichtegen a sech net nëmmen op déi berufflech Kompetenzen an Erfahrungen ze konzentréieren.

Dës ass virun allem wouer bei jonke Chômeuren, déi frësch op den Aarbechtsmaart kommen, déi nach ni eng fest Plaz hatten an dofir net kënnen op eng berufflech Erfahrung zréckgräifen. Aus deem Grond huet d'ADEM en zousätzlechen Bilan, de Réinsertionsbilan, an d'Liewe geruff, deen extra geduecht ass fir déi méi jonk Demandeurs d'emploi. Et geet elo drëm, fir d'Prise en charge vun dësem Moossnam am Kader vum Gesetz vun 1976 ze präziséieren. De virleienden Text - an dat fannt Der a mengem schréffleche Rapport - beschreift dat am Detail.

D'Prise en charge vum Fonds pour l'emploi vun den Insertiouns- oder Réinsertionsmoossnamen, wéi och vun den individuelle Qualifikationskäschen vun de Chômeuren gëtt och nach am Kader vum Gesetz vun 1976 gekläert, respektiv präziséiert.

Här President, Kollegen a Kollegeinnen, dee virleiende Projet ännert d'Gesetz iwwert de Fonds pour l'emploi och nach op anere

Punkten. Entschëllegt, dass ech e bëssen am Detail op déi Froen aginn, mä et ass net onwichtig, fir och e puer mëndlech Explikatiounen zu dem detailléierte schréffleche Rapport ze ginn.

Dee virleiende Projet gesäit also ënner anerem vir, déi gesetzlech Grondlag vun der „indemnité de formation“, déi de Chômeuren zougutt kënnt déi an enger Formatioun dra sinn a kee Chômage kréien, ze klären. E gesäit och kloer vir, dass déi nei Bestëmmungen iwwert dat ënnerrepresentéiert Geschlecht och am Kader vum Iwwergang vun enger Ganzzäitaarbecht op eng Deelzäitaarbecht bei den Aarbechter iwwer 49 Joer wäerte spillen. Domadder soll den Taux d'activité vun den eeleren Aarbechter, a virun allem vun den eelere Fraen, stimuléiert ginn.

Wat dës Punkt ugeet, ass ze bemerken, dass de Statsrot fir d'Ofschaffung vun de staatleche Subventionen plädéiert huet am Kader vun esou engem Iwwergang bei den Aarbechter iwwer 49 Joer. A sengen Aen wier et hautdësdays, wou versicht gëtt eeler Aarbechter sou laang wéi méiglech um Aarbechtsmaart ze halen, inkohärent sou eng Bestëmmung weider bestoen ze loosseren. D'Kommission - mat där mer laang dräiwel diskutéiert hunn - deelt dem Statsrot seng Approche awer net. Am Géigendeel, si ass der Meenung - a mir waren och ganz kloer der Meenung -, dass justement sou eng Bestëmmung, wéi se elo proposéiert gëtt, wäert dozou bäidroen, dass méi Leit iwwer 50 Joer berufflech aktiv bleiwen - wa se wëllen -, och wa se vläicht déi lescht Joren nëmmen méi halleftdeegs wäerte schaffen.

Am Verglach mat eisen Nopeschlänner hu mer ee vun den niddregsten Taux d'activité bei den Aarbechter iwwer 50 Joer, ënner anerem well vill Leit virun dem legale Pensionsalter ophale mat schaffen. Den Iwwergang vun enger normaler 40-Stonne-Woch op eng Deelzäitaarbecht ass sécherlech am Intérêt vun eiser gesamter Gesellschaft, andeems esou eng Moossnam och zum Gläichgewicht vun de Pensionskeese bäidroen kann.

En ass och am Interesse vun de betraffene Leit selwer, déi méi laang berufflech aktiv wëlle bleiwen, an an engems awer méi Fräizäit zur Verfügung hunn. Mat esou enger Bestëmmung vermeide mer och, datt vill Leit an engem gewëssenen Alter eng Invalidité pension ufroen, well se net méi 100%eg schaffen kënnen. Aus all deene Grënn schléit d'Kommission net de Wee vum Statsrot an a schwätzt sech fir d'Oprechterhaltung vum Artikel 44 vum Gesetz vun 1976 iwwert de Fonds de l'Emploi aus.

Kollegen a Kollegeinnen, an dësem Kontext ass och nach ervirziewen, datt d'Auteur vum Gesetzesprojet d'Abrogatioun vum Artikel 14 vum Gesetz vun 1977, also d'Antikrisegesetz, vurschloen. Et ass elo esou, datt nom Artikel 14 vum Gesetz vun 1977 am Prinzip keen, deen eng Rent oder eng Pension huet, enger bezuelter Aarbecht nogoe kann. Mir hunn dat 1977 agefouert, well mer der Meenung waren, datt de Chômage géif gewaltig zouhuelen, datt virun allem jonk Leit, déi aus de Schoule kommen, Problemer géife kréien eng Aarbechtsplaz ze fannen, an deemools war d'Entscheidung déi, datt mer gesot hunn, een deen a Pension ass, deen huet seng Pension an dee soll dann och op eng weider Beschäftigung verzichten an doduerch engem Jonken, dee keng Aarbecht huet, d'Lous vum Chômeur erspueren. Dofir ass deemools déi Moossnam agefouert ginn.

Nu kann ee sech d'Fro stellen, ob et wierklech an dësem Moment ubruecht ass fir déi Bestëmmung ausser Kraaft ze setzen, wou jo de Chômage awer gewaltig an d'Luucht geet.

Et ass esou, datt mer eis an der Kommission net am Detail mat där Fro ausenaner gesat hunn, mä ech si sécher, datt et eng Rei vu Kollege gëtt, déi Problemer hu fir déi Dispositioun opzehiewen. Et ass awer elo esou, datt déi Dispositioun net opgehuewe gëtt, mä déi Restriktioun ka vum Aarbechtsminister opgehuewe ginn. Mat der Entscheedung, den Artikel 14 opzehiewen, erlaabt ee virun allem eelere Leit, dat steet am Exposé des motifs, déi am Pensionsalter sinn, weiderzeschaffen. A mengem perséinlechen Numm géif ech awer den Aarbechtsminister bidden mat där Moossnam do, wa mer dat Gesetz esou stëmmen, ganz virsiichteg ëmzegoen.

#### (Interruption)

Jo, well an enger Zäit wou effektiv de Chômage nach gewaltig wäert an d'Luucht goen, mengen ech, solle mer déi Situatioun opmierksam verfollegen, datt mer eis och asetze fir déi jonk Leit, déi aus der Schoul kommen, datt se net d'Lous vum Chômeur mussen erliden, mä datt se méi Chancë solle kréien eng Aarbechtsplaz ze fannen. Dofir soll een nëmmen wann et noutwendeg ass, et engem dee pensionéiert ass erlaben nach weider kënnen ze schaffen, virun allem an Zäite vun engem Chômage.

Wann et och eng Moossnam ass, wou argumentéiert gëtt fir dofir d'Leit unzereege méi laang schaffen ze goen, mengen ech, da misst een dat op eng kohärent Aart a Weis eng Kéier gesamt gesinn diskutéieren. Da muss ee sech dräi Froen stellen:

1. Ass et noutwendeg oder net noutwendeg?
2. Ass et sënnvoll, fir iwwert de Pensionsalter ze diskutéieren?
3. Ass et noutwendeg fir am Rumm vun enger Diskussioun iwwert de Pensionsalter iwwer Aarbechtszäitverkürzung an engem bestëmmten Alter ze iwwerleeën, sech Froen ze stellen?
4. Muss et awer och kloer sinn, datt wann een no 65 Joer nach schaffen geet, datt dat och eng Auswierkung op d'Heicht vu senger Pension huet. An dat schéngt jo awer elo net de Fall ze sinn. An deem Sënn wëll ech erënneren an déi Proposition de loi vun der Madame Delvaux.

Mir hunn eng global Diskussioun bal ugefaangen ze féieren an der Chamber. An ech mengen et wär noutwendeg, datt een eng Kéier déi Froe géif an dësem Kontext gesinn, well wann een dovun ausgeet, an et seet een, mir mussen déi Bestëmmungen, déi am Antikrisegesetz sinn, ophiewen, fir effektiv d'Leit unzereege méi laang schaffen ze goen, da sinn ech net do dergéint, mä déi Leit, déi da méi laang schaffen ginn, mussen awer och an hirer Pension eppes dovunner spieren. An dofir mengen ech wier et noutwendeg, datt een eng Kéier déi ganz Froe géif global gesinn a se diskutéieren, fir eng ganz kohärent Politik ze maachen am Zesummenhang mat de Beschäftigungsméiglechkeeten, déi ee soll kréien, wann een e bestëmmten Alter huet, an och iwwer 65 Joer eraus.

Ech wëll op e weideren a mengen Ae wichtige Punkt am Gesetzesprojet ze schwätze kommen, dee mat Sécherheet wichteg ass, an dat ass d'Verlängerung, den Uwendungsbereich an d'Dauer vum Congé pour raisons familiales.

Wat de Congé pour raisons familiales ugeet, schléit d'Regierung vir d'Altersgrenz vu 15 Joer bei de behënnerter Kanner, déi den aktuellen Text virgesäit, fir kënnen vum Congé ze profitéieren, opzehiewen. Also an Zukunft kënnen och Eltere vum Congé pour raisons familiales profitéieren, wa se handicapéiert Kanner hunn iwwer 15 Joer. Et ass d'Iwwerzeegung, esouwuel vun der Regierung wéi och vun der Kommission, datt ee muss d'Eltere vu behënnerter Kan-



ner, wann et nëmme méiglech ass, ënnerstëtzen an hirer schwéierer Aarbecht, an och hëllefen. Déi aner Konditiounen, fir kënne vum Congé ze profitéieren, bleiwen onverännert.

De Gesetzesprojet gesäit och d'Verlängerung vun der Dauer vum Congé pour raisons familiales vir, wann de Congé geholl gëtt, fir sech ëm e behënnert Kand ze këmmen. De Congé fir behënnert Kanner geet vun zwee op véier Deeg pro Joer erop. Fir krank Kanner ouni Behënnerung bleift de Congé wéi en elo ass, an zwar zwee Deeg pro Joer.

Dës differenziéiert Approche tëschent de Kanner respektiv den Eltere léisst sech doduerch erklären, datt d'Situatioun vun den Eltere vu behënnerte Kanner eng ganz besonnesch an eng ganz schwiereg ass. Hir Kanner si méi oft krank, hir Kanner musse méi oft an d'Spidol, an am Spidol behandelt ginn. Esou mussen deementspriedend d'Eltere méi disponibel sinn, fir bei hire Kanner ze sinn. D'Verlängerung vun der Dauer vum Congé entsprécht de spezifische Besoine vun dëser Kategorie vun Elteren.

Här President, Kolleeginnen a Kollegen, vun de wichtege Moossname vum PAN-Gesetz, déi een hätt missen am Laf vum Joer revidéieren, bleift nach just de Congé parental iwwreg. Dir kënnt lech erënneren, de Congé parental ass op onbestëmmt Zäit verlängert ginn. Et gëtt awer eng Rei vun Diskussiounen ëm de Congé parental. De Projet vun der Reform ass um Inzanzewe a gëtt och an der PAN-Kommissioun an net méi an der Familljekommissioun diskutéiert, well e jo e Bestanddeel vum PAN-Gesetz ass, quitte datt d'Familljekommissioun e Rapport pour avis ofgi wäert, a mir wieren och frou, wann d'Familljekommissioun dat géif maachen. Dat géif eis d'Aarbecht erliichten an der Spezialkommissioun PAN.

Ech hoffen, Kolleeginnen a Kollegen, datt dësé Projet och schnellstens ofgeschloss ka ginn an datt mer deen hei an der Chamber diskutéiere kënnen. Ech mengen, dann hu mer all déi Ännerungen, déi noutwendeg waren am Zesummenhank mam PAN-Gesetz, légiféiert, an da kënne mer a Rou déi Situatioun ofchecke bis 2006, wou mer dann eng aner Diskussioun iwwert déi Froen ëm d'Aarbechtsorganisatioun an de Betriber kréien.

Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, dat waren e puer Bemerkungen zu dem schréffleche Rapport, déi Der am Detail kënnt nokucken. Ech si vläicht an deem engem oder anere Punkt e bëssen ze vill an den Detail gaangen, mä ech mengen, et war noutwendeg dat ze maache fir all déi Kolleegen, déi d'Zäit nach net hate sech esou am Detail mat deem virleiende Projet ausenaner ze setzen.

Ech soen da merci fir Är Opmierksamkeet an ech soen och de Kollegen aus der Spezialkommissioun merci fir hir Mataarbecht, a virun allem awer och dem Aarbechtsminister an dem Familljeminister, déi an deene Réuniounen öfters deelgeholl hunn, wéi och hire Mataarbechter.

Merci och dem Sekretariat fir d'Erstellung vun dem Rapport, deen am Detail op déi Ännerungen ageet.

Ech géif am Numm vun der Spezialkommissioun lech bieden, dësem Projet Är Zoustëmmung ze ginn, an als Spriecher - fir Zäit ze gewinnen - vun der CSV- Fraktioun wëilt ech dann och d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Här President, Kolleeginnen a Kollegen, ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Lucien Lux agedroen. Den Här Lux huet d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Lucien Lux (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, léif Kolleeginnen a Kollegen, de Projet, dee mir haut diskutéieren, ass e bëssen d'Resultat vun deem Saucisnottage, dee mir erlieft hunn an deene leschte Méint, wat de Projet vum PAN vun 1998 respektiv 1999 ubelaangt. Ech mengen, mir hunn dat an der Mëtt vun dësem Joer schonn e bësse bedauert, dass mir deemools opgrond vun deenen Evenementer, déi de Rapporteur nach eng kéier hei ernimmt huet, nëmme konnt den d'Verlängerung decidéieren, déi mir och hu missen decidéieren, well mir soss gréisser Problemer kritt hätten an eenzelne Beräicher, virun allem beim Congé parental. Elo wäerte mir dann de Mueren hei eng Rei vun Upassungen net allze grousser Natur diskutéieren a wuel beschléissen, an da wäerte mir dréttens och nach eng kéier getrennt iwwert de Congé parental, sou wéi et elo grad gesot ginn ass, mussen diskutéieren.

Zum Projet selwer wëll ech dem Rapporteur, dem Kolleg Marcel Glesener, merci soen, virun allem fir de Mueren a Rou an am Detail an en long et en large all déi Dispositiounen, ëm déi et hei geet, nach eng kéier erkläert ze hunn. Ech mengen, dass et net allze vill dozou ze soe gëtt, ausser vläicht, dass, wat den Ausbau an d'Verallgemengerung ugeet vun deene Moossnamen, déi de sou genannte Suivi personnel vun den Demandeurs d'emploi ubelaangt, mir deen Ausbau scho laang hei gefuerdert hunn.

Mir hu bei villen Debatten, déi mir iwwert den Emploi gefouert hunn, gesot, dass dat Häerzstück vun den Dispositiounen vum PAN-Gesetz vun 1999 elo endlech misst aus senger Embryophas erauskommen a wierkech dozou féieren, dass mir dee Versuch maache jiddfer Eenzelnem beschtméiglech Chancen um Aarbechtsmaart an de beschtméigleche Bagage mat op de Wee ze ginn.

Mir mussen eis natierlech och um Niveau vun der ADEM déi néideg personell Méiglechkeete gi fir dat och kënnen ëmzesetzen, an dann och versiche fir vläicht och extern mat Leit zesummenzeschaffen, déi eis dat doten dann och wierkech erlabe wäerten. Op déi Moossnamen, déi d'Verbesserung vum Congé pour raisons familiales respektiv vun de Klosterrstellung bei der Förderung vum sou genannte Sexe représenté an eenzelne Secteuren oder Betriber uginn, wëll ech elo net méi weider agoen, ausser dass ech beim Här Glesener dann definitiv hoffen, dass mir bei der Fro vun der Méiglechkeet fir d'Leit iwwert de Pensiounsalter vu 65 eraus schaffen ze loossen, déi mir hei jo elo e bëssen opmaachen, mat där Restriktioun, dass dat dem Minister seng Décisioun ass, déi global a kohärent Diskussioun, déi mir hei all kéier versprach kréien, dann endlech och eng kéier féieren. Well et gëtt kee Sënn fir do e Spalt vun der Dier opzemaachen, wann een op där anerer Säit, an dat ass jo hei vum Kolleg Glesener gesot ginn, d'Pensiounsrechter, déi mir allerdéngs virun engem Mount hei an der Proposition de loi vun der Kolleegin Mady Delvaux vun der Majoritéit refuséiert kritt hunn, net konkordant matenee mécht.

Dofir wär et da wierkech un der Zäit fir sech iwwert déi Fro - an dat ass eng berechegt a legitim Fro -, wéi mir den Taux d'emploi oder och d'Méiglechkeet fir d'Leit, déi dat wëllen, méi laang schaffen ze goen, a senger Ganzheet gesinn an net nëmmen an der Fro elo vun der Autorisatioun, déi mir de Leit gi fir dovunner ze profitéieren.

Elo géif et zwou Méiglechkeete ginn deen Débat hei ze kommentéieren. Eng wär déi, dass een et géing dobäi loossen, bei deene Bemerkungen, déi elo gemaach sinn, a bedauere vläicht, dass mir

um Enn vun dësem Joer op déi schwiereg Entwécklung, déi mir um Aarbechtsmaart erliewen, net méi e groussen Hoff fäerdeg bréngen an der Verbesserung vun de legalen Dispositiounen an dem Instrumentarium, déi mir hunn. Et kënnt e generell d'Resultater vun der Tripartite 2003 nach eng kéier bilancéieren, dat hu mir allerdéngs hei bei eenzelne Geleeënheete scho gemaach, an et kënnt ee sech d'Fro stellen, ob mir eis domadder kënnte begnüge virun deem Échec, dee mir dobaussen um Aarbechtsmaart am Moment amgaange sinn ze erliewen.

Ech wëll de Mëttelwee versichen ze sichen an nach eng kéier soen, dass mir bei der Tripartite tëschent deene sinn, déi soen, d'Tripartite ass amgaangen zu engem Debatéierclub ze ginn, oder deenen déi soen, dass et e Club ass, dee just nach kuerzsichtig Léisunge féint an et net fäerdeg bréngt se wierkech an de Kontext vu groussen Décisiounen eranzesetzen. D'Gefor ass virun allem och, dass d'Sozialpartner an e puer entscheidende Froen amgaange si sech géigesäiteg ze blockéieren. D'Regierung, mengen ech, huet Schwierigkeeten - wat och vläicht mat der Tatsaach, dass mir kuerz viru Wahlen stinn, zesummenhängt - sech kloer ze positionéiere par rapport zu eenzelne Froen, déi et géingen erlabe fir méi wäit ze goe wéi dat, wat mir an deene leschte Méint erlieft hunn.

De Virwurf, deen ech de Muere wëllt maachen, ass virun allem nach eng kéier, nodeem mir dat d'lescht Woch schonn eng kéier hei diskutéiert hunn a virun der Manifestatioun, déi gëschter Owend oder gëschter Mëtte vun de Salarié vu Villeroy & Boch gemaach ginn ass, dass an esou enger Fro den Aarbechtsminister bal verdaamt war fir d'lescht Woch eng relativ saft- a kraftlos Äntwert ze ginn op d'Fro: Wat sinn dann d'Méiglechkeete vum Stat, vun der Regierung, fir an esou enger Fro vu kollektiven Entloosungen an der Ausdhandlung vun engem Sozialplang wéi bei Villeroy, do de Salariéen op der Säit ze stoen an deenen ze hëllefen an deenen Diskussiounen, déi se am Moment zum Beispill an der Fro vun der Aarbechtszäitverkierung mat hirer Direktioun féieren?

Hätte mir net während Méint a Méint diskutéiert a während Méint a Méint festgestallt, dass elo schlussendlech um Enn vum Joer, wou déi Deadline, déi den Aarbechtsminister an där Fro gestallt huet, ofleeft, an d'Patronen nach ëmmer datselwecht soen, wat se och schonn am Ufank vum Joer gesot hunn an och an de Verhandlungen bei Villeroy dat och esou maachen, mir eis also déi Méiglechkeet fir Aarbechtszäitverkierung kënnen ze ënnerstëtzen, wann et drëm geet fir Aarbechtsplazen ze retten, net nëmmen neier ze schafen, mä der och ze retten, net ginn hunn, wat natierlech am Prinzip net hëllefräich ass fir déi Betraffen, déi am Moment zu Recht wuel - ech mengen, dat därft heibanne jiddferen esou gesinn - zu Recht sech e bëssen eleng gefillt gesi par rapport zu der Politik, déi hei keng Méiglechkeet huet fir dach awer e bësse méi contraignant kënnen anzegräifen.

Et ass dann och d'Beispill vun deem laangen Diskutéieren an net Décisiounen huelen, wou ech wëll bei dëser Geleeënheet drun erënneren, dass ech dës Woch wuel och eng Motioun wäert déposéieren oder déi nach eng kéier an Erënnerung ruffen, dass mir hei en Débat gefouert hunn, nodeem mir an der Kommissioun eng ganz Rei vun Hearinge gefouert hunn iwwert de Sozialdialog mat de Sozialpartner a mam Wirtschafts- a Sozialrot.

Mir hunn also hei an der Chamber en Débat gefouert de 16. Oktober d'lescht Joer iwwert dee Sozialdialog, wat e wichtegt Instrumentarium ass fir all dat, wat d'Delegationsgesetz, wat d'Comité-mixten, wat d'Participatioun an de Conseils d'administration ubelaangt. Ech erënneren drun, dass d'Majoritéit deemools déi Motiounen, déi d'LSAP-Fraktioun abruucht hat, ofgelehnt huet, selwer eng Motioun abruucht huet, déi an engem Punkt d'Regierung invitéiert, à présenter dans les meilleurs délais et au plus tard avant la fin de l'année 2003 un projet de réforme des législations sur les délégations du personnel, des comités mixtes" an esou weider.

Bon, déi Motioun, wéi vill Motiounen, wäert wuel Lettre morte bliwen, well mir bis dato d'Suite net erlieft hunn, a wa mir et dann nach erliewen, da wäerte mir et net fäerdeg bréngen fir déi Gesetzter och ze stëmmen. Ech fäerten iwwerhaupt, dass mir vill Gesetzter wäerten do leien hunn, déi déposéiert sinn, mä déi virum Enn vun der Legislaturperiod net wäerte gestëmmt ginn.

D'Leit hunn heiansdo dobaussen d'Gefill, well d'Minister an der Tëschenzäit d'Projet-de-loien esou oft dobausse virstellen, dass dat schonn alles a Kraaft wär. Et muss ee vläicht ëmmer erëm soen, dass mam Dépôt vun engem Gesetz nach net vill geschitt ass. Där Pressekonzferenz vun Dépôt vu Projet-de-loien erliewe mir an der Tëschenzäit all Woch e puer, mä dass der dovunner herno wuel iwwert d'Halschent net méi wäerte gestëmmt ginn, dat wäert dann eis Aufgab si fir dat en temps utile dobaussen de Leit dann och kloer an däitlech ze soen.

Ech denken dofir, dass een et dobäi net ka beloossen, dass mir méi sollte fäerdeg bréngen fir den Instrumentarium an där Fro, an dat ass jo déi entscheidend, déi och deemools d'Chamber virun den Diskussiounen iwwert d'PAN-Gesetz erkannt huet. De President vun eiser Kommissioun an deemolege Rapporteur vun deem Débat d'orientation, dee mir gefouert hu kuerz virum Sommet, deen hei zu Lëtzebuerg stattfonnt huet, wéi och op europäeschem Plang, wéi déi éischte kéier eng Prozedur an d'Wee geleet ginn ass, eng politesch Prozedur fir och den Emploi an de Mëttelpunkt ze setzen, huet deemools déi Fro vun der Flexicurity gestallt. Hei ass dat Wuert, wat mengen ech de britesche Premierminister geprägt huet.

Et wier op der enger Säit derfir ze suergen, dass d'Flexibilitéit oft de richtige Wee ass, déi richtig Äntwert ass, sief et op d'Froen vun der Kompetitivitéit vun der Entreprise, mä dass op där anerer Säit awer de Präis, deen dofir ze bezuelen ass, sief dat a Froen vun Aarbechtszäitverkierung, sief dat a méi Sécherheet, déi d'Salariéen och zu Recht afuerderen, wann et iwwert d'Flexibiliséierung geet, och ze bëuechten ass.

Mir hunn deen Équiliber do nach net hiargestallt. An esou Froen wéi dem Artikel 43 an der Fro, inwieweit dass mir de Salarié wéi bei Villeroy & Boch a wéi bei anere kënnen hëllefen, dass mer dat net erausgedëddelt hunn an dass mer virun de Patronatsorganisatiounen do eng Regierung erliewen, déi net de Courage huet fir sech do méi wäit ze avancéieren a méi wäit ze goen. An ech hu gëschter - an dat soll déi lescht Bemierkung sinn - nach eng kéier - an och aus dem Mond vum Här Weiler, ech mengen, d'lescht Woch war et den Här Clement - an där Zeitung vun der CSV-Fraktioun, dem „Espresso“, gelies,...

**(Interruption)**

...- kale Kaffi -, datt sech do d'Fro gestallt gëtt, wéi et da mat der Positioun vun der LSAP wier, fir op där enger Säit der Wirtschaft, eiser Économie, besser Chancen ze ginn, sech an dës schwéieren Zäiten ze behapten an op där

anerer Säit d'Fro vun der Aarbechtszäitverkierung, déi do drun hängt. Elo ginn natierlech - an dat fannen ech ass der CSV, als grouss Partei, net onbedéngt ganz würdeg - do Saachen an d'Welt gesat ginn, wéi wann hei d'LSAP praktesch eng Proposition de loi gemaach hätt, fir eng Verallgemengerung vun der 35-Stonnewoch fir jiddferen ze fuerderen, waméiglech nach retroaktiv op 1980. Dat ass jo net esou. An dofir ass et ëmmer erëm richtig ze soen, dass d'Fro vun der Aarbechtszäitverkierung eng ass, déi ee mat enger gewësener Rou a mat der Iwwerzeegung, dass dat en inéluctable Prozess ass, dee mer an deenen nächste Joren erliewe wäerten.

A wann een hei op der Chamberstribün seet, dass mer déi Carcasse vun der 40-Stonne-Woch mussen dépasséieren, dann ass dat am Prinzip bal de bon sens, well dobaussen an deenen eenzelne Secteuren déi Carcasse scho laang dépasséiert ginn ass. D'Tatsaach ass jo déi, dass déi Entrepreneuren an déi Secteuren, déi kompetitiv sinn, scho laang net méi mat der 40-Stonne-Woch liewen. Am Bankesecteur oder am Secteur vun der Sidérurgie oder villen anere Secteuren, hu mer haut schonn d'36-Stonne-Woch, d'37-Stonne-Woch. Mir hu weider Congésdeeg hei gefuerdert - an ech mengen et sinn déi Gréng, déi eng Proposition de loi gemaach hu fir eng Verallgemengerung vun der sechster Urlaubswoch - a mir hunn eis mol nëmmen esou wäit virgewot, fir déi sechst Urlaubswoch fir déi Leit, déi op Schichten oder ënnert schwéiersten Aarbechtskonditiounen schaffen, ze fuerderen. Jo, och dat ass eppes, wat an der Fonctioun publique, am Gesondheetswiesen oder a villen anere Secteuren ugefaange ginn ass a wou mer bei 28 Deeg haut sinn, wou mer déi sechst Urlaubswoch scho laang hunn.

Et geet also drëm fir dee Procédere, déi mer an deene leschten 30 Joer ëmmer erëm erlieft hunn, fir wann eng Boule de neige an deenen eenzelne Secteuren dozou gefouert huet, dass mer weiderkommen, fir och op engem legale Plang weiderzekommen an et ass foncièrement onéierlech fir bei der Fro vun der 35-Stonne-Woch vun der Proposition de loi vu menger Weínegkeet zesumme mam Jeannot Krecké esou ze maachen, wéi wann dat eng Fro wär, déi praktesch zu enger Verallgemengerung géing féieren, wann ee weess, dass mer dat nëmme verbanne mat Leit, déi an engem sou genannte Plan d'organisation du travail sinn. A wann ee weess wéi vill Leit an der Tëschenzäit an esou engem Plan d'organisation du travail an enger Mesure de flexibilité sinn, da weess een, dass dat largement de gréissten Deel vun de Secteuren iwwerhaupt net betrëfft. Dofir wär et wierkech gutt, wa mer géingen déi Fro do e bësse méi onpolemesch an e bësse méi seriö diskutéieren.

Eis Iwwerzeegung ass déi, dass déi, déi déi Équation an déi Gratwanderung an deenen nächste Joren an dësem Land fäerdeg bréngen, tëschent op där enger Säit d'Kompetitivitéit héichzehalen, dofir ze suergen, dass mer eng gutt Produktivitéit hunn, dass mer eng gutt Mobilitéit hunn, souwuel innerhalb vun de Secteuren wéi och tëschent de Secteuren an duerno op där anerer Säit dofir suergen, dass dat awer net ka geschéien au détriment vun de legitimen Intérêt vun de Salariéen an der legitimer Zilsetzung vun enger mënschlecher Aarbechtswelt, déi richtig Politik an deenen nächste Jore fir eist Land wëlle maachen.

Dofir géif ech der CSV roden, fir e Bëschermeren onpolemesch mat där Fro ëmzegoen, well wa se der LSAP an där dote Fro Duebelstrategie virwerft, da géing ech soen - wann ech op deen Niveau géing erofgoen -, dass déi, déi sech all Joers bei den 1.-Meefeiere virun



den LCGB-Präsident stellen an do applaudéieren, just déi sinn, als LCGB, déi eng legal Aarbechtszäitverkierzung verlaangen, an nach vill méi déi, wéi zum Beispill eise Kolleeg Jean-Marie Halsdorf an anerer, déi elo nach virun dräi Wochen - ouni dass dat zwar vill gehollef hat - beim LCGB op de Lëschte ware fir d'Sozialwahlen. A wann een dann de Fuerderungskatalog vun deene Lëschte kuckt, da steet och do eng legal Aarbechtszäitverkierzung drop an esou virun. Dofir, wa mer vun Doppelzüngegkeet schwätzen an esou virun, da sinn déi, déi als alleréischnt näischt däerfe soen, d'Kolleegeinnen an d'Kolleege vun der CSV,...

#### (Interruptions)

...déi hei sollte vill méi bescheiden optrieden.

D'Konklusioun: Mir géifen eise Jo soen zu deenen Upassungen déi haut hei gemaach ginn. Si si sécherlech a verschidde Beräicher nëtzlech, mä si si mat Sécherheet och keng définitiv Äntwert op déi gravéierend Entwécklung déi mer op eisem Aarbechtsmaart erlieden. Merci.

■ **Une voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

■ **M. Gusty Graas (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, viru kuerzem hu mer leider den Taux vun der Aarbechtslosegkeet hei zu Lëtzebuerg vu 4% iwwerschratt. D'Aarbechtslosegkeet ass ouni Zweifel erëm e seriöen Thema ginn, och wa mer natierlech vis-à-vis vum Ausland mat vill méi gënschtege Chifferen do stinn. Mä et ass awer evident, datt de Législateur elo muss zousätzlech Effortë maache fir de Problem an de Grëff ze kréien, och wann natierlech d'Méiglechkeete vun der Politik begrenzt sinn an och natierlech zousätzlech Ustrengunge vun der Wirtschaft hei néideg sinn, an gegebenenfalls och vun deenen direkt Concernéierten.

An esou enger klenger Ekonomie wéi mir se hei zu Lëtzebuerg kennen ass et kloer, dass een ofhängeg ass vu sengen auslänneschen Handelspartner; an dat natierlech un éischter Linn vun Däitschland. A wann d'Situatioun an engem Land wéi Däitschland ugespaant ass oder méi wéi ugespaant ass, dann huet dat seng negativ Retombéeën hei op Lëtzebuerg. Dofir ass et och evident, datt e gudden Deel vun deene 4% Aarbechtslosen ouni Zweifel duerch de konjunkturelle Chômage verursaacht gëtt.

Déi aner Formë vu Chômage, sief dat de Chômage structurel oder de Chômage frictionnel, dat heescht also déi Leit, déi kuerz a just iwwergangsméisseg bei der ADEM ageschriwwen sinn, bleiwe jo am Prinzip bis elo konstant. Op där anerer Säit läit d'Progressioun jo awer vu Schafe vun neien Aarbechtsplazen - also dem Emploi intérieur hei zu Lëtzebuerg - laut rezente Statec-Previsiounen dëst Joer bei 1,7% a wann een och déi lescht Previsiounen fir d'nächst Joer hält, da gesäit een, datt déi awer nach ëmmer bei 1% leien. Dat sinn also awer zum Deel och nach positiv Entwécklungen. Dofir, mengen ech, ass et net gutt wa mer ëmmer erëm Propheten héieren, déi hei vun Ënnergangsstëmmung schwätzen. Dat dréit mat Sécherheet och net dozou bäi, fir néit Vertrauen an d'Ekonomie ze bréngen.

Wann, wéi gesot, och haut selbstverständlech d'Wirtschaft méi lues dréit, dann däerf een awer net vergiessen, datt zënter 1997 an 2002 iwwer 60.000 nei Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg geschafe goufen an et ginn der jo u sech nach ëmmer geschaaft. A wa mer elo d'Periode huelen tëschent Mee 2002 an 2003, da sinn der nach eng kéier 5.187 derbäikomm. Na-

tierlech weess een och, dass dovunner 77% vu Frontaliere besat ginn, de Rescht, 23%, vu Résidenten, wou u sech nach de klengsten Deel nëmme Lëtzebuurger sinn. Da muss een awer och nach hei ënnersträichen, datt iwwert d'Halbschent vun deene 60.000 neien Aarbechtsplazen awer ze imputéiere sinn op de Banken- a Finanzsektor. A mir wësse jo, datt grad an deem Beräich, bedéngt eben och duerch déi manner gutt Atmosphär op der Bourse, d'Situatioun net méi esou ganz roseg ass. Deen impressionante Chiffer vu Frontalieren, wéi gesot 107.000, dee beleet jo emol méi wéi atypesch d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg ass, well si maache jo de Moment, kann ee soen, ronn 38% vun dem Emploi salarié intérieur aus.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no der klenger PAN-Gesetzrevisioun aus dem Joer 2000 an enger anerer vum leschte Juli, stinn also hei haut erëm eng Rei vun Upassungen um Ordre du jour. Et sinn eng Rei vu Moosnamen, déi geplangt sinn, fir de Chômage weiderhin aktiv hëllefen ze bekämpfen. Esou gëtt jo zum Beispill de Permis d'accès à l'emploi fir déi Leit, déi schonn eng Pensioun kréien, ofgeschaaft. De Conseil d'État huet sech jo net onbedéngt positiv iwwert déi geplangte Moosnam ausgeschwat. Ech wëll allerdéngs hei och ënnersträichen, datt d'Argument vun der Kommission gebraucht ginn ass, datt et u sech nach besser ass, dass eng Persoun vläicht nach deelweis am Aarbechtsmaart ass, wéi datt se fréizäiteg an d'Invalidensioun geet. Esou datt een also u sech déi Saach hei schonn éischter ka positiv gesinn.

Da muss een natierlech awer d'Fro stellen awiefern an dese wirtschaftlechen Zäiten esou Mesurë awer wäerte gräifen. Den Taux d'emploi vun den Travailleurs âgés, also deenen, déi méi wéi 55 Joer hunn, dee louch am Joer 2001 am EU-Duerchschnitt bei 38,5%, hei zu Lëtzebuerg allerdéngs bei 24,4%. Domadder ware mer niewent der Belsch am leschten Deel vun der Tabell.

En anert wichteg Element vun deem Gesetz si jo déi Mesurë wat de personaliséierte Suivi vun de Chômeuren ubelaangt. Déi eenzel finanziell Ënnerstëtzung bei enger Formatioun sinn zousätzlech wichteg Aspekter vun deem Gesetz. Ech denken och virun allem un de Fait, datt jo Primen ausbezuelt gi wann Erwuessener eng Léier maachen.

Eng gutt Formatioun ze hunn ass ouni Zweifel essentiell, fir sech ebe kënnen och haut um Aarbechtsmaart duerchzusetzen. Et ass jo leider esou, datt vill jonk Leit bei der ADEM ageschriwwen sinn, well se eben ze vill fréi d'Schoul ouni Ofschloss verlossen an dann natierlech net kënnen op eng berufleche Erfahrung zrëckgräifen. Et ass also evident, datt besonnesch deene Leit muss virun allem ënnert d'Äerm gegraff ginn. Et muss een allerdéngs soen, datt am Kader vun den CATen, dat heescht, de Contrats d'auxiliaires temporaires, deene Leit eng grouss Chance gebuede gëtt, fir och hir éischt Erfahrung ze sammelen.

Am Oktober 2003 waren zum Beispill 847 Leit an engem CAT-PU, dat heescht also an enger öffentlecher Verwaltung an dann nach 297 Leit an engem CAT-PR, also bei Privatentrepreneuren ageschriwwen.

Wann ech mech elo referéieren op eng lescht Ëmfro vun der Chambre de Commerce, do konnt een nollisen, datt 75% vun den Entreprises soen, si hätte Problemer fir hei um Maart dat néidegt qualifizéiert Personal ze rekrutéieren. Doraus muss ee jo dann awer d'Konklusioun zéien, datt eent vun de Schlësselementer fir géint d'Aarbechtslosegkeet virzegoend d'Formatioun initiale an och continue vun den Aarbechter ass.

Mä do muss een allerdéngs ënnersträichen, datt an deene leschte Jore sech villen gedoen huet. Den Éducationnsministère huet zum Beispill zesumme mat de Betriber an dem Aarbechtsministère gekuckt wéi een eng Adéquation vun der Formatioun a vun de Besoinë vun de Betriber verbessere kann. Fir just e Beispill hei ze nennen: Am Enseignement technique goufe méi Spezialiséierungen agefouert, wéi d'Ausbildung zum Mechatroniker oder den CATP informatique. Och am Kader vun der Promotioun „lifelong learning“ gouf villen gemaach fir d'Leit unzesporen hiert Wëssen dach permanent un d'Demande vum Aarbechtsmarché ze adaptéieren.

D'Betriber gi jo och ënnerstëtzt an dat ass eng Moosnam, déi ee ka positiv hei ervirsträichen, wa se hiert Personal weider wëlle forméieren. Och d'ADEM mécht ouni Zweifel eng gutt Aarbecht wann et drëm geet fir d'Demandeurs d'emploi fit ze maache fir den Aarbechtsmaart.

Et ass also och e Plus fir den Aarbechtsmaart hei zu Lëtzebuerg, wa mer d'Héichschoukkultur nach weider promouvéieren.

En anerer Aspekt aus dem Gesetz, wat och scho positiv ënnerstrach ginn ass, dat ass natierlech d'Verduebelung vum Congé fir familiär Ursaachen, fir handicapéiert Kanner. Och déi Moosnam reit sech ouni Zweifel an d'Philosophie vum PAN-Gesetz an. Och begreisse mer, datt eng Abolitioun vun der Altersgrenz vu 15 Joer virgeholl gëtt wat handicapéiert Kanner ubelaangt, well et däerf een net vergiessen, datt et besonnesch fir déi Leit, déi de Pech hu mat deem Handicap ze liewen, ganz grouss Problemer mat sech bréngt.

E weideren Akzent, deen een hei muss ënnersträichen, dat sinn déi Efforten, déi gemaach gi fir d'Ënnerstëtzung vun dem Sexe sous-représenté an engem Betrib ze maachen. Och do muss een zwar realistesch sinn. Ech mengen, an der Theorie kléngt dat gutt, mä inwiefern datt dat sech an der Praxis wäert positiv auswäerten, dat muss nach ofgewart ginn.

Mä trotzdem wëll ech awer hei ënnersträichen, datt et wichteg ass, datt zousätzlech Effortë gemaach ginn, fir déi geschlechtlech Gläicheit op der Aarbechtsplaz ze fördern. Och do vläicht e puer Zuelen.

Am Oktober waren 3.837, dat waren der 866 méi wéi am Verglach mam Oktober 2002, Fraen a 4.362, dat waren 833 méi wéi am Verglach mam Oktober 2002, Männer am Chômage. Also hu mer do e Rapport vu 46,8% zu 53,2%, mä et däerf een awer net vergiessen, datt de Pourcentage vun de Fraen am Effectif salarié nëmme bei 37,1% läit, an den Taux d'emploi louch 2001 an Europa insgesamt bei 54,9% a bei eis an der Moyenne nëmme bei 50,9%.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dese Projet ass u sech keng Revolution, mä e verbessert awer ouni Zweifel villen a mir hu jo och hei u sech d'Lektione berücksichtig, déi aus der bishereger Erfahrung mam PAN gemaach goufen. Dese Plang ass also wichteg an noutwendeg, mä e kann ëmmer nëmmen eng Rei vu Richtlinnen ugin. A fir kënnen déi Richtlinnen ze évaluéieren, muss een ebe waarde bis d'Joer 2007, fir da kënnen de Point ze maachen an och d'Qualitéit ze évaluéiere vun deene Moosnamen, déi duerch dëst Gesetz getraff ginn.

Ech wëll op där anerer Säit awer och nach eng kéier hei ënnersträichen, datt dës Regierung eng ganz Rei vun Initiative scho geholl huet, fir de Fléau vun der Aarbechtslosegkeet aktiv ze bekämpfen.

fen. Éischters ass eng Steuerreform gemaach ginn, déi ouni Zweifel hiren Impakt hat. Engersäits huet dat fir d'Particulieren eng Erliichterung vu 422 Milliounen Euro mat sech bruecht an op där anerer Säit fir d'Betriber eng Erliichterung vun 322 Milliounen. Dee Moment kann also d'Kafkraaft vun de Particulieren erhéicht ginn. Op där anerer Säit ass et awer och esou, dass d'Wirtschaft vill méi Sputt huet fir kënnen a schwierigen Zäiten weider ze évaluéieren an och Aarbechtsplazen ze erhalen, respektiv esouguer gegebenenfalls neier ze schafen.

Ech wëll awer och drop hiweisen, dass eng ganz aktiv Diversifizierungsolitik vum Wirtschaftsminister Henri Grethen gemaach ginn ass wou ronn 500 Milliounen Euro hei zu Lëtzebuerg investéiert goufen. Et kann ee soen, datt ronn eng 30 nei Betriber op Lëtzebuerg koumen, déi u sech och qualitativ héichwäerteg Aarbechtsplaze geschaaft hunn. Ech géing soen, dass deen Trend trotzdem wäert weider unhalen, well et däerf een net vergiessen, datt mer hei zu Lëtzebuerg nach wie vor e gutt wirtschaftlecht Ëmfeld hunn, wa mer dat an de Kontext setzen zu eisen europäesche Partner an och do wëll ech op eng Etüd hiweisen, déi kierzlech presentéiert ginn ass, wou Lëtzebuerg jiddefalls attestéiert kritt, datt mer an Europa dat gënschtegste wirtschaftlechste Ëmfeld hunn.

Dofir, déi pauschal Aussoen, déi ëmmer besonnesch vun der Opposition gemaach ginn, dës Regierung géing net aktiv géint d'Aarbechtslosegkeet virgoen, muss een dann awer zrëckweisen, an et gi jo och eng Rei vun Donnéeën, déi dat ganz kloer beweisen.

■ **M. Lucien Lux (LSAP).**- Bei deenen Zuelen, déi de Wirtschaftsministère de Moment iwwert d'Diversifizierungseresultater vun deene leschte Jore ginn huet, kënn den Här Graas eis do bestätegen, dass bei deene 500 Milliounen Euro, déi investéiert gi sinn, eleng 320 Milliounen fir d'Mëtteleisestross vu Belval an deem Bilan virgesi sinn, eng Décisioun, déi 1997 vun der viregter Regierung geholl ginn ass.

■ **M. Gusty Graas (DP).**- Ech hunn och gesot, datt 30 nei Betriber op Lëtzebuerg komm sinn. Et ass elo net nëmme reng dee Chiffer, deen an d'Fenster gestallt soll ginn, mä et ass virun allem och déi Zuel vu Betriber, déi soll an d'Fenster gestallt ginn. Déi hunn ouni Zweifel eng Rei vun neien Aarbechtsplaze generéiert an dowéinst, mengen ech, soll een déi ganz Efforten, déi gemaach goufe vu Säite vum Wirtschaftsminister, hei nach eng kéier positiv ënnersträichen an ech sinn och iwwerzeugt, datt se dozou bäigedroen hunn, fir datt eng Rei nei Aarbechtsplaze geschafe goufen.

Ofschléissend, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Demokratesch Partei setzt sech och weiderhi fir eng staark Ekonomie hei zu Lëtzebuerg an, déi geséichert Aarbechtsplaze produzéiert. Mir ënnerstëtzen och all Moosnamen, déi e positive beschäftigungspolitesche Charakter hunn an dowéinst hu mer och kee Problem fir deem Gesetz eis Zoustëmmung ze ginn.

Ech wëll nach ofschléissend dem Kolleeg Marcel Glesener merci soe fir seng verschidde Rapporen.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Henckes remplaceiert den Här Jaerling.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Mam Gewicht garantiéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt mäi Fraktiounskolleeg, den Här Aly Jaerling, entschëllegen. Hien ass leider verflucht fir am Escher Gemengerot un de Budgetsdebatten

deelzehuelen an hie kann dofir net hei sinn. An ech wëll bei där Geleeënheet och bedauern, Här President, datt et bal systematesch esou ass, dass zu Esch am Gemengerot d'Madame Député-maire, ob dat Madame Mutsch, deen Ablack Budgetsdebatten oder Réunionen vum Gemengerot zu Esch organiséiert wann hei an der Chamber och eng Sëtzung ass. Ech mengen, dat ass kee Respekt vis-à-vis vum Parlament an ech géing de Bureau bidden ze intervenéieren, fir datt esou Saachen an Zukunft net méi passéieren.

Dat zweet wat ee muss soen, dat ass, datt mer an deem Parlament onbedéngt bräichten, datt mer eng Commission du suivi législatif hätten, well mer ganz oft gesinn, dass et wichteg ass, dass d'Gesetzer, vun deene mer geduecht haten, si wäer gutt, dass een awer herno, ee Joer, oder eng gewëssen Zäit, zwee Joer méi spéit oder soss eng Zäit muss awer eng kéier hannerfroen, ob dat Gesetz et wierklech dann esou bruecht huet wéi mir et geduecht haten. Dat beschte Beispill ass dat Gesetz wat mer haut diskutéieren, wou mer e puer Verbesserunge bréngen an deem Gesetz, déi manifestement noutwendeg sinn, déi e bësselche méi Souplesse bréngen, an déi ee konnt am Virfeld net gesinn.

Et gesäit een, dass esou eng Commission du suivi législatif a ville Parlamenter besteet an dass domadder déi parlamentaresch an och déi Regierungsarbecht selwer sech verbessern. Dat gesot, wëll ech dem Rapporteur, dem honorablen Här Glesener, merci soe fir säi Bericht, deen ëmmer circonstancié ass an deen och hei déi meeschte Punkte ganz richtig beliicht huet an déi eenzel Verbesserungen am Gesetz ervirgetrach huet. Et gëtt ee Punkt, wou ee sech als Jurist d'Fro stelle muss, wéi dat praktesch ze applizéieren ass, dat sinn déi Mesurë relativ um Sexe sous-représenté. Dat geet domadder un, dass ee fir d'éischt muss fiabel Statistiken hu fir ze kucken, ob e Sexe sous-représenté ass. Wann een déi net huet, dann ass dat relativ e vasté Schema, mä ech mengen de Prinzip ass gutt, dass en emol eng kéier festgehalen gëtt. Mä ech froe mech awer effektiv, wéi dat dote kann an der Praxis duerchgezu ginn.

Da reit dat Gesetz sech hei an an de Kampf géint de Chômage. A mir si frou, wéi jiddferen heibannen, wann e puer nei Betriber erakommen, a wann eng 30 nei Aarbechtsplaze geschafe ginn. Mä deeselwechten Ablack muss dës Regierung awer och mat den anere Leit hei am Land feststellen, dass d'Aarbechtsplaze vläicht mat e puer Zéngte kreéiert ginn, mä dass awer zu honnerten an zu dausenden ëmmer méi Leit sech am Chômage erëmfinden. An déi lescht Previsiounen, déi d'Banque Centrale gemaach huet, weisen dorobber hin, dass op Basis vun hiren Enquêtes an hiren Donnéeën de Chômage leider nach wäert ganz staark an eisem Land steigen.

An do hëlleft och d'PAN-Gesetz net vill, et ameliéiert verschide Saachen, mä mir mussen eis awer och kengen Illusiounen hign: Esoulaang wéi net e wirtschaftlechen Opschwonk kënn, esoulaang wéi mir net en Effort maachen, speziellesch fir déi mëttelstänneg Betriber, a fir dass déi Betriber, déi hei am Land sinn, d'Aarbecht kréien, an net grouss Firmen aus dem Ausland, dass deenen d'Aarbechten zougeschoustert ginn, esoulaang kënnen mer hei net géint de Chômage gesond ukämpfen.

Et ass och ze bedauern, dass dës Regierung, an och déi eng oder déi aner Gemeng hign a bei den Investitiionsausgaben zrëckstiechen, méi lues maachen, a bei de Konsumausgabe méi ausginn. Dat huet zum Effet, dass ee selwer nach zu dem Réckgang am Wirtschaftswuesstum bäidréit. Et ass déi falsch Politik. Hei hu mer zwar



e Gesetz wat an déi gutt Richtung geet, Här President, dofir kann och d'ADR-Fraktioun domadder d'accord sinn, mä mir ginn ons awer kengen Illusiounen hin, dass dat Gesetz hei elo géing de Chômage als wesentlecht Element bekämpfen. Ech mengen do ass eng aner Politik vun dëser Regierung gefuerdert.

■ **Une voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Als nächst Mednerin ass d'Madame Dagmar Reuter agedroen. D'Madame Reuter huet d'Wuert.

■ **Mme Dagmar Reuter-Angelsberg (DÉI GRÉNG).**- Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de PAN ass genee gesinn eigentlech e Resultat vun enger Situatioun wéi et an den 90er Jore war. D'Debatt huet sech am Wesentlechen net geännert, an iwwert déi lescht Joren ass de Chômage trotz PAN-Gesetz geklommen. Mir musse feststellen, dass d'Mesuren aus dem PAN-Gesetz weineg géeegeent si fir de Chômage ze bekämpfen. An elo am Joer 2003 misst een eigentlech eng méi fundamental Diskussioun iwwert dee Problem féieren.

De Constat ass: Mir hunn en anere Chômage wéi eis Noperen, mir sinn an der paradoxer Situatioun, dass mer nach ëmmer Aarbechtsplaze schafen, 4.000 nei Aarbechtsplazen an deenen éischten zéng Méint vun dësem Joer, an trotzdeem ass eise Chômagetaux an dësem Joer en décke Krack an d'Luucht gaangen. Dobäi kënn nach méi e rezente Phenomeen, de Chômage intellectuel, ëmmer méi héich qualifizéiert Leit an Universitäiten, déi keng Aarbecht fannen. An op dee Genre vu Chômage huet de PAN keng Äntwert. Fir Solutiounen fir dee Phenomeen ze fannen, muss een éischstens scho bei der Kreatioun vun dem Emploi usetzen. Mir brauchen eng méi intelligent Diversifizéierung, kombinéiert mat modernen Aarbechtsmodeller, déi net nëmmen de betrieblchen Interessi Rechnung droen, mä och no der Gesellschaft hire Besoine kucken. Mir brauchen eng déif gräifend Reform vun eise Bildungssystem an eng realistesch Schoulorganisatioun.

Esouguer wann elo d'konjunkturrell Situatioun sech erëm géif verbessern, an dann doduerch de Chômage géif erofgoen, da muss ee sech doch froen, ob mir eng méi déif gräifend Diskussioun bräichten iwwert d'strukturell Natur vun eise Chômage. Déi Équatioun - Wuesstum ass gläich méi Aarbechtsplazen ass gläich manner Chômage - geet, an dat wësse mer alleguerten heibannen, esou hei zu Lëtzebuerg net op, an deemtsprechend mussen oder missten eis Mesuren deem ugepasst ginn oder ugepasst sinn.

Déi Mesuren, déi mir hei beschléissen, sinn am Fong jo gutt gemengt, änneren awer un der Saach ganz weineg. Dat gesi mer besonnesch un der Mesure iwwert de Sexe sous-représenté. Viru fënnef Joer ass déi Mesure beschloss ginn, awer an der Praxis ass déi Mesure un enger feelender Definitioun vum Secteur d'activité gescheitert respektiv un engem Réglement grand-ducal, deen ni komm ass. Keen eenzege Betrib, dee Leit an de sou genannte Mesures d'insertion beschäftegt, huet jee dovunner Gebrauch gemaach. Elo soll dat Ganzt jo hei méi kloer definéiert ginn, mä ob dat wierklech Wonner wierkt, do hu mir Gréng eis Zweifel.

Vun deene Leit, déi vun enger Beschäftigungsmesure profitéieren, sinn nëmme ronn een Drëttel Fraen. Paritéit fanne mer eigentlech nëmme bei den öffentleche Beschäftigungsmoossnamen. Bei de private Patrone gesäit dat scho ganz aneschtens aus. Déi Plaze ginn trotz de finanziellen Ureizer nach léiwer u jonk Männer verginn. Awer grad bei der Alterskategorie ënner 26 Joer maache Fraen ëm

déi 52% vun de gemellte Chômeuren aus. D'Fraenarbechtslosegkeet ass am Verglach zu hirem Undeel un der aktiver Bevölkerung onverhältnisméisseg héich. An och dodrop huet de PAN keng Äntwert.

Vill léiwer hätte mir Gréng eng méi volontaristesche Politik gesinn, wéi zum Beispill fir Frae reservéiert Plazen an de Stagen a bei de Beschäftigungsmoossnamen. Vun der Mesure iwwert de Sexe sous-représenté kënnen sou gutt Frae wéi Männer profitéieren. Mä d'Praxis weist - an dat europawäit, wat d'Action positive ugeet -, dass Mesuren, déi keen Ennerscheed tëschent dem Geschlecht maachen, also keng Mesure vun där sou gutt Frae wéi Männer kënnen profitéieren, falls si dem Sexe sous-représenté ugehéieren, - genee vun esou enger Mesure schwätze mir jo elo hei -, d'Praxis weist, dass esou Mesuren oft de Contraire erreechen. Méi Männer profitéiere wéi Fraen, an dat weinst sexistesche Stereotypen an eiser Gesellschaft. Zudeem bedauere mir, dass déi Mesuren, déi deen heiten Text virgesäit, nëmmen e finanziellen Ureiz duerstellen. Mir hätten eis iwwer eng méi couragéiert an eng méi aggressiv Politik fir d'Fraen ze fördere gefreet.

Erlaabt mer nach hei e puer Wuert iwwert d'Fraebeschäftigung ze soen. Hei gëtt een d'Impressioun net lass, dass, obwuel Bréissel eis ëmmer nach virwerft et géifen net genuch Frae bei eis schaffe goen, d'Politik mengt, dat géif vum selwe goen. Tatsächlech klëmmt och all Joer de Prozentsaz vun de Fraen, déi schaffe ginn, mä et muss ee sech awer froen, ob an Zäite wou de Chômage klëmmt, dat nach esou weider ka goen. Am Zesammenhang mat der Fraebeschäftigung gëtt ëmmer vum Choix geschwat. Frae mussen de Choix kréie fir doheem bei hire Kanner ze bleiwen, Frae mussen de Choix kréie Beruff a Famill ze kombinéieren, mä dat ass kee Choix, dat ass e Recht. Fraen hunn d'Recht schafen ze goen, a fir ëmmer méi Fraen ass et souwisou eng Noutwendegkeet an dësen nach ekonomesch schlechten Zäite schaffen ze goen. All Fra huet e Recht op eng Aarbechtsplaz, egal ob se kee Kand huet oder vill Kanner huet.

Mä et kann een net vu Choix schwätzen, wann d'Basiskonditiounen net erfëllt sinn a wann d'Grundstrukturen einfach net duerginn oder iwwerhaupt net existéieren. Ech kann net vu Choix schwätzen, wann ech net weess wie meng Kanner versuergt a wann déi Leit, déi meng Kanner versuerge, kee Statut hunn. Ech hu kee Choix, wann ech keng Schoukantinen a menger Gemeng hunn.

Wou ass mäi Choix, wann ech net weess, wie meng Kanner versuergt wa se krank sinn oder ech kee Congé kréien? Wou ass mäi Choix, wa mäi Partner d'Méiglechkeet net kritt fir op seng berufflech Carrière ze verzichten fir sech duerfir méi ëm seng Kanner kënnen ze këmmen? Wou ass mäi Choix während de Schoulvakazen? Wou ass mäi Choix, wann d'Schoulzäiten net mengen Aarbechtszäiten entsprechen a vice versa? Wou ass mäi Choix, wann och mäi Partner d'Méiglechkeet net huet fir manner Stonnen ze schaffen?

Nach ëmmer hu vill ze vill Fraen de Choix net fir eng Carrière ze maachen, well hire Partner als Mann nach manner oft de Choix kritt fir en Temps partiel, oder fir op seng Carrière ze verzichten. Nach ëmmer verdéngen d'Männer am Prinzip méi wéi hir Fraen, well se duerch eng inadequat Beruffsorientierung an déi Beruffer eragedréckt ginn, wou traditionell manner verdéngt gëtt, well se duerch d'Kanner, déi se kréien, manner Carrière maachen oder hir Carrière ze oft ënnerbriechen. A well de Mann nach ëmmer am Prinzip méi verdéngt, ass...

(Interruptions)

...de Schrëtt fir d'Fraen an d'Deelzäitaarbecht méi liicht. A wien Deelzäitaarbecht seet, seet och Onsécherheet. Oft sinn dat déi éischten Aarbechtsplazen, déi ewechrationaliséiert ginn. Dovunner ofgesinn heescht Deelzäit och nëmmen Deelpai a spéider och nëmmen Deelrent. Mä dat ass en anere Problem, deen hei elo kaum diskutéiert gëtt.

Wéi gesot, et feelt un de Basiselementer, fir dass Fraen, déi Mamme sinn, de Choix hu fir schaffen ze goen. Mir hunn nach ëmmer net genuch Crèche; d'Horairé vun de Crècheën entspreche ganz oft net den Ufuerderunge vun den Elteren; mir hu kee Statut fir Leit, déi Kanner privat doheim versuerge a kaum Betreuungsstrukturen, déi Kanner ausserhalb vun der Schoul betreiën. Mir hu keng aménagéiert Aarbechtszäiten, déi den Elteren entgéintkommen; keng innovativ Aarbechtszäitmodeller, Jobsharingmodeller; realistesch Schoulhorairen; Schoukantinen; Strukturen, déi d'Kanner versuerge am Krankheitsfall; Betreuungsméiglechkeete während de Schoulvakazen. Un all deenen Elementer feelt et. Ech mengen, Dir hutt se schonn oft héieren, mä ech wollt se awer nach eng Kéier hei opzielen.

D'PAN-Gesetz ass scho schéin a gutt, mä hei gëtt alt nees nëmme Symptombekämpfung bedriwwen. Un den Ursaache si mir net interesséiert oder nëmme ganz weineg. Wa mir wëllen eppes fir d'Beruffstättegkeet vun de Frae maachen, mussen mir e gënschtegt Ëmfeld schafen a fir Basisstrukturen surgen. Awer mir mussen als Éischt ufänken d'Barrieren an d'Viruerteeler an eise Käpp ofzerappen.

Op all déi Viruerteeler, mat deene virun allem berufstätteg Mammen all Dag konfrontéiert sinn, wëll ech hei net agoen. Mä erlaabt mir op ee Beispill aus menger Gemeng anzegoen. Et gëtt ëmmer behaupt, dass, wann eng Gemeng Opfaangstrukturen schafft, dann déi aarm Kanner moies fréi ofgetippt gi fir owes spët erëm ofgehoen ze ginn an an d'Bett gestach ze ginn. Mir zu Suessen, an dat kann och hei mäi Kolleg vun der CSV, de Fred Sunnen bestätegen, hunn do eng ganz aner Erfahrung gemaach.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **Mme Dagmar Reuter-Angelsberg (DÉI GRÉNG).**- Vun deenen iwwer 300 Kanner, déi mir betreiën, ginn nëmme sechs Stéck vu moies bis an de spéiden Nomëttég betreit. Dat si grad mol 2%. An déi Mammen hu wierklech net de Choix. Si mussen schaffen goe fir kënnen mat hire Kanner ze iwwerliewen.

Am PAN-Gesetz sinn eng ganz Rei gutt Usätz, an dat begrëssen an ënnerstëtze mir och. Mä soulaang mir eis net fir d'Ursaachen interesséieren, an esoulaang mir do näischt änneren, kënnen déi beschten an déi beschtgemengte Mesuren net vill hëllefen. Wann d'Ëmfeld stëmmt, dann erreechen d'Mesuren aus dem PAN och wierklech alles. Ech soen nach dem Rapporteur hei merci fir säi Rapport. Den Här Glesener huet dat ganz am Detail gemaach. Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.**- D'Wuert huet elo den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

■ **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir och als Éischt dem Marcel Glesener merci ze soe fir säi gudden an eingehende mëndleche Bericht hei. Hien huet alles erkläert, sou dat ech op eng Partie Saachen net méi aginn, well do alles gesot ass. Zum Beispill de Sexe sous-représenté, a wéi dat an

der Zukunft funktionéiert, huet de Marcel Glesener duergestallt. Et ass net esou, wéi ech virdrun héieren hunn, dass dat Reglement ni geholl gi wier. Et ass geholl ginn, et ass op den Instanzewee gaangen an et ass gesot ginn, dass et net ze exekutéiere war, well et net a Konformitéit war zum viregte Gesetz, an de Problem war, dass dat, wat am viregte Gesetz stoung, net ze exekutéiere war.

Dofir hu mir dat Gesetz elo geännert, dass mir endlech kënnen déi dote Moossnamen huelen, an ech hoffen och, dass an dëser Chamber esou séier wéi méiglech den Artikel 11 vun der Verfassung ka gestëmmt ginn - een, wou ech selber nach zum Deel mat dru gedoktert hunn, wéi ech nach net Minister war, wéi ech President vun der Verfassungskommissioun war, wou ech mengen, dass d'Verfassungskommissioun elo ganz wäit komm ass, wou mir och eng verfassungsrechtlech Basis kréien, fir eigentlech méi Mesures positives ze huelen, notament weinst de Fraen.

Ech ginn och net op de Congé pour raisons familiales an. Ech mengen, och do huet de Marcel Glesener alles gesot. Ech wëll e puer Saachen also dofir just hei soen, fir op d'Debatt anzegoen, déi hei gefouert gouf. Fir d'éischt iwwert de Chômage.

Et gëtt ëmmer erëm gesot, an dat ass richtig, dass mir nach wie vor zu Lëtzebuerg eng paradoxal Situatioun um Aarbechtsmaat hunn. Den Emploi wiest an de Chômage wiest och. Woufir? An dat sinn zwou Haaptursaachen, woufir dat esou ass. Déi éischt ass, well mir net e Marché du travail national sinn, mä mir sinn e Marché du travail régional. Déi Zäite sinn eriwier, wou mir einfach ofgegrenzt waren, wou mir hu misse kucke mat dëse Leit hei dat ze maachen, wat mir konnte maachen.

Doduerch dass mir an Europa sinn, ass eise Marché du travail explozéiert. Virun 20 Joer hate mir vläicht eng 140.000 Salaréien hei zu Lëtzebuerg. Haut hu mir eng 280.000 Salaréien zu Lëtzebuerg. An déi Plaze konnte mir nëmme schafen, well mir an deem groussen Europa sinn, a mir konnten se och nëmme besetzen, well mir an deem groussen Europa Leit fonnt hunn, déi heihinner op Lëtzebuerg schaffen komm sinn, well mir hunn net genuch Lëtzebuerger nach wie vor, an och net genuch Auslänner, déi zu Lëtzebuerg wunnen nach wie vor, déi déi Plaze konnte besetzen.

De Virdeel ass, dass eis Wirtschaft explodéiert ass. Den Nodeel ass, dass mir e rësege Konkurrenzdruck hunn op eisen Aarbechtsplazen, an dee Konkurrenzkampf hält net of, deen hält zou. An dofir ass d'Gefor vum Chômage nach ëmmer méi grouss, a mir mussen nach ëmmer méi kämpfe fir dergéint virzegoen. Woubäi et vun de Moossnamen, déi ee kann huelen, net 100.000 gëtt, an et gëtt virun allem kee Wonnermëttel. Mä ech kommen dorop zrëck.

Zweet Ursaach ass, dass een, am Géigendeel zu deem, wat nach bis, géif ech soen, Mëtt der 70er Jore war, net méi kann haut soen, eng Aarbecht ass eng Aarbecht, eng Schaff ass eng Schaff. Mir hate laang Joren, wou et esou war, dass een zwee Modeller hat. Dat eent waren Aarbechter, dofir huet ee misse virun allem staark sinn a Loscht hunn ze schaffen, an dat anert ware Bürosbeamten. An do ass och eng Basisformatioun dofir duergaangen. Haut liewe mir an enger spezialisierter Welt. Dat heescht, et gëtt net méi einfach den Aarbechter oder de Beamten. Fir all Plaz ginn aner Qualifikatiounen verlaangt. Dobäi kënn, dass et net méi eleng op professionell Qualifikatiounen ukënn. Et kënn och op d'sozial Kompetenzen un.

Ee vun eise Problemer - och beim intellektuelle Chômage, deen hei opgetrueden ass -, déi mir hunn, fir d'Leit op Plazen ze kréien, déi op-

stinn, sinn och déi sozial Kompetenzen. Do musse mir nach vill méi dru schaffen. Dat ass eng vun den Haaptursaachen, dass mir eng Partie Leit, obwuel se ausgebilt sinn, obwuel se Schoule gemaach hunn, obwuel se wëlle schaffen, net op d'Plaze kréien. Dat ass eppes, wat an där neier Aarbechtswelt, an där mir liewen, wierklech e grouss Problem mat sech bréngt an eng grouss Erausforderung ass, déi eis vill Suergen a vill Méi an och vill Sue kascht fir dergéint virzegoen.

Déi zwou Ursaachen, dass mir an engem regionale Marché sinn an dass eng Schaff net gläich eng Schaff ass, déi bréngen mat sech, dass mir déi paradoxal Situatioun hunn, an déi bréngen och mat sech, dass et keng einfach Méiglechkeete gëtt. Déi eng einfach Méiglechkeet, déi ëmmer gesot gëtt - ech hunn awer hei festgestallt bei deem, wat den Här Lux gesot huet, dass hien en nuancéierte Langage huet, an hien huet dat schonn déi leschte Kéier gesot - also eng Moossnam, déi ëmmer gesot gëtt, ma jo, féiert d'35-Stonne-Woch generell an, dann hu mir méi Aarbechtsplazen. Dat geet ebe just zu Lëtzebuerg net, vu dee kleng Marché, dee mir hunn. Wat d'Zukunft vun Aarbechtszäitreduktioun ka sinn, wou se ka sénnvoll sinn, dorop ginn ech herno nach eng Kéier an. Mä eng generaliséiert gesetzlech Erfetzung vun der Aarbechtszäit zu Lëtzebuerg géif méi Chômage am Endeffekt matbréngen wéi manner Chômage, op Grond vun eiser Problematik mat dem Marché régional.

Zweetens, wat och net méi geet, dat ass déi Iddi, déi mir nach hate wéi mer d'Stolkris haten, fir ze soen - an doriwwer ass haut och schonn e bëssen diskutéiert ginn -: Ma jo, schéckt déi Al an d'Pensioun an da kréien déi Jonk eng Plaz. Och dat funktionéiert net, well mir stellen dat fest bei deene Moossnamen, wou mir dat nämlech virgesinn hunn. Zum Beispill d'Prétraite solidarité funktionéiert nëmmen, wann een Demandeur d'emploi agestellt gëtt dee Moment, wou en Eelere fortgeet. De Problem ass, ganz vill Betriber fannen net méi déi néideg Leit fir op esou Plazen. Mir maache ganz vill Tricken am Ministère, fir do esou wäit wéi méiglech entgéintzekommen, mä dat ass ee vun de Problemer vun der Prétraite solidarité. An dat ass zum Beispill woufir d'Sozialpartner op der Arcelor do e bësse retizent sinn, fir op d'Prétraite solidarité ze goen, fir en neie Modell ze fannen, well se soen, ma mir fannen net genuch Leit hei um Lëtzebuerger Aarbechtsamt ageschriwwen.

Den Artikel 43 a 44 vum PAN-Gesetz - elo sinn ech schonn e bëssen op der Diskussioun Aarbechtszäitreduktioun -, wat ass dat? Dat ass, dass ee generell kann Aarbechtszäitreduktioun vum Stat finanziell begleeden, respektiv virun allem bei deenen iwwer 50-Jahre begleeden, wat mer besonnesch um Häerz läit, ënnert der Virausgab, dass ee Jonke vum Aarbechtsamt agestellt gëtt. Dass e Jonke muss agestellt gi war maassgeblech, mä net eleng eng vun de maassgeblechen Ursaachen, dass déi Moossnamen net gegraff hunn. Dat heescht mir musse aus dem Kapp erausschloen, fir ze mengen, déi Eeler mussen an d'Pensioun goen, déi Jonk fannen dann eng Schaff; sou funktionéiert dat leider net.

A mir liewen och net méi an där Welt - dat soen ech awer hei direkt dobäi - wéi et nach virum Zweete Weltkrich war, dass ee ka soen, eng Schaff ass eng Schaff, a mir sinn - ech soen dat ganz brutal, mä sou war d'Welt déi Zäit - mat Zich an Italie gefuer a wa mer Aarbechter gebraucht hunn, dann hu mer se mat den Zich eropbruecht a wann et dann eng Kris gouf, dann hu mer se och erëm heemgeschéckt. Doduerch hu mer dann de Chômage zu Lëtzebuerg erofge-



sat. An där Welt liewe mer och net méi an ech mengen och net, dass mer wëllten an déi Welt zrëckkommen, well dat ass keng sozial an och keng gerecht Welt gewiescht.

Dat bréngt awer mat sech, dass mer och an Zukunft eis bewosst musse sinn, dass mer net den Zougang zum Aarbechtsmaart total kënne reglementéieren. Mir kënnen engem Betrib net soen, du muss elo nëmmen ee vum Lëtzebuurger Aarbechtsamt astellen, wann hien een anere an der Grenzregioun fënnt. Mir kënnen e strofen, wann en eis d'Plaz net gemellt huet - dat wäerte mer an Zukunft méi maachen -, mä wann en e Grenzgänger fënnt, da kënne mer dee Moment net soen, du därfs kee Grenzgänger astellen, wann dat en EU-Bierger ass.

Dat eenzegt wou mer kënnen nee soen, dat ass bei dem Permis fir net EU-Bierger. An do soe mer och nach wie vor neen, well dat ass déi eenzeg Handhab déi mer nach hunn an dat ass och heiansdo dat eenzegt pedagogesch Mëttel wat mer hunn, fir verschidde Betriber esou wäit ze kréien, dass se vläicht en contrepartie vum Permis mam Aarbechtsamt zesummeschaffen, fir anere Leit, déi eng Schaff sichen, eng Chance ze ginn. A mir wäerten och an Zukunft déi Permissen net ofschafen an ech wäert och ganz retizent do virgoen, fir dat grouss ze erweideren, well dat nach bal dat eenzegt Mëttel ass wou ech kann e bësselche quët-schen, do wou een och muss quët-schen.

An da kënnt nach eppes dobäi, wat ech och dobaussen an der Diskussioun ëmmer héieren, an zwar fir den Ennerscheid ze maachen, dat engt dat sinn d'Grenzgänger an dat anert sinn d'Lëtzebuurger, déi am Chômage sinn. Am Lëtzebuurger Chômage sinn haaptsächlech auslännesch Matbierger. An do muss een och oppassen, do si ganz vill auslännesch Matbierger, deenen hunn ech eng kéier e Permis ginn oder mäi Virgänger, well e Betrib gesot huet, mir brauchen deen a gitt eis dee Permis, well dee Spezialist brauche mer. Ech hunn awer dofir elo auslännesch Spezialisten am Chômage, déi hei net onbedéngt ëmmer eis geleeft Sprooch kënnen. Dat heescht déi sinn nach vill méi schwierig erëm eng kéier ze vermëttel wéi dat zum Beispill mat einheimische Leit wär, obwuel se d'Qualifikatioun hunn, obwuel se Spezialiste sinn.

Wa mer kucken, zu Lëtzebuerg hu mer um Aarbechtsmaart, vun den Einheimischen oder vun de Résidenten, 56% Lëtzebuurger a 44% Ausländer. Am Chômage hu mer 35% Lëtzebuurger a 65% Ausländer, déi zu Lëtzebuerg wunnen. Eng Kategorie déi mer ganz vill Suerge mécht - an da sinn ech op engem Punkt, deen haut schonn ugeschwat ginn ass -, dat sinn eis portugisesch Matbierger. Vun deene portugisesch Matbierger, déi am Chômage sinn, hunn 80% keng Qualifikatioun.

Dat huet zwou Ursaachen. Déi eng Ursaach ass déi, dass der vill heinner komm sinn ouni Qualifikatioun. Déi aner Ursaach ass och déi, dass der vläicht eng Partie aus de Schoulen ouni Qualifikatioun erauskommen. An da si mer bei engem vun den Haaptpunkten, déi och hei gesot gi sinn an de Gusty Graas huet dat ganz schlësselfäerdeg eigentlech gesot, andeem hie gesot huet, de Schlëssel ass d'Formatioun, déi initial Formatioun an d'Weiderformatioun.

#### (Interruption)

Also engersäits ass kloer, dass mer Croissance brauchen an dass ouni Croissance och de Chômage net erofgeet. Zweetens ass et awer net esou, dass ee just dat soll als Fatalitéit ugesinn, well och d'Croissance bréngt net onbedéngt déi Plazen, déi mer och brauchen, respektiv net déi Plaze wou mer Leit hu fir op déi Plazen ze goen. Dat heescht,

wa mir wëllen eng Äntwert op de Chômage zu Lëtzebuerg fannen, da geet et nëmmen, dass mer weider um System schaffen, deen de PAN agefouert huet, dee scho virdrun ugefaange gouf an der Administration de l'Emploi, mä virun allem de PAN weidergefouert huet, nämlech fir Formatioun, individuell Betreierung awer och Mobilitéit weider ze fördern.

An ech soen och hei, dass een, deen eng Schaff sicht, och muss kënne mobil am Kapp sinn. Et muss een net direkt ufänke mam Dramjob, et muss een och kënnen op aner Jobe goen, bis dass een an e Circuit erakënnt; och déi Approche ass wichteg. Mä d'Formatioun, déi initial an d'Weiderformatioun ass extrem wichteg.

Den Här Lucien Lux huet vu Villeroy & Boch geschwat. Ee vun deene Problemer ass do - an dat wäert an Zukunft nach méi de Sort si vu Lëtzebuerg -, well Lëtzebuerg en Héichlounland ass a kee Bëlleglounland - an ech wier och net dofir, dass Lëtzebuerg géing e Bëlleglounland ginn -, mä dat bréngt awer mat sech, dass eng Partie net qualifizéiert Aarbechtsplazen och an Zukunft verschwannen. De Problem dee mer hunn ass deen, dass op esou Plaze Leit sëtzen, déi ni eng beruflech Qualifikatioun hatten, déi zënter 20, 30 Joer nëmmen datselwecht gemaach hunn an och an hirem Betrib ni eng Weiderbildung ugebuede kritt hunn. An dat ass e grouss Problem, mat deem mer eis müssen zu Lëtzebuerg am Chômage ausernee setzen, well sou Plaze kënnen och nach an Zukunft kommen.

An et muss een och feststellen, dass vill Lëtzebuurger Betriber, well se eigentlech am grouss Grenzregiounmarché ëmmer déi Leit fonnt hunn déi se wollten astellen, och seelen am Kapp haten, datt se missten intern Weiderbildung maachen, fir hir Leit weiderzebréngen. Do huet d'99er Gesetz, wat nach vun der vieregter Regierung ass, mol schonn eng éischt grouss Weichstellung bruecht a mir wäerten - d'Madame Brasseur schafft dodrun a vum Aarbechtsministère begleet mer dat - en Accord vun de Sozialpartner ëmsetzen, fir och deem Eenzelen Zougang ze erméiglechen, fir dass och do wou de Betrib net Weiderbildung ubitt, den Eenzelen d'Recht kritt, fir Weiderbildung ze maachen, wat vum Patron a vum Stat begleet gëtt. Dat ass eng wichteg Erausforderung, fir dass mer an Zukunft manner Leit esou laang am Chômage behalen.

A wann ech da vun der Madame Reuter héieren, d'PAN-Gesetz wär keng Äntwert, ma d'PAN-Gesetz ass just déi Äntwert, déi mer brauchen, nämlech déi eenzel Weiderbetreierung an da weider, hei sinn e puer kleng Saachen dran, dat kléngt anodin, dat kléngt technesch, mä dat bréngt eis awer ganz vill.

Ech huelen déi Dispositioun déi seet, dass de Fonds pour l'Emploi kann eng Qualifikatioun finanzéieren, déi deen Eenzelne sech selber eraussicht. Wat stécht do hannerdrun? Zur Zäit kënne mir nëmme Formatiounen finanzéieren, déi offiziell vun der ADEM ugebuede ginn.

Elo ginn et awer heiansdo ganz spezialiséiert Leit déi soen, ma jo wann ech mech weiderbilden, da kommen ech an en neie Créneau eran, wou mir der awer net esou vill hunn, dass mir elo géife grouss Formatiounen vun der Administration de l'Emploi aus ubidden. Déi konnte bis elo zum Beispill nach net an d'Ausland esou eng Formatioun mat staatlecher Ënnerstëtzung maache goen; mat deem neie Gesetz, geschitt dat. Do kënnen eng Partie Leit méi Méiglechkeete vun eis gebuede kréien, wéi dat bis elo de Fall war. An iwwerhaapt ass et eben esou, dass d'Employabilitéit méi groussgeschriwwé gëtt.

An ech kommen op eppes wat wichteg ass: Bilan de compétences, respektiv Bilan d'insertion professionnelle. Dat sinn zwou verschidden Notionnen an dat ass extrem wichteg, och fir d'Compétences sociales vun de Leit kënnen erauszefannen. Well een heiansdo Leit huet - an dat ass de Problem vum Chômage intellectuel -, déi Qualifikatiounen hunn an trotzdeem kréie mer se net op eng Schaff, obwuel se wëllen. Et ass jo net esou, dass déi Leit, déi keng Schaff fannen, der nëmme wäeren déi net wëllten. Ech begéinen der all Dag ganz vill déi wëllten a si kënnen net an do musse mer eben hannerdrun kommen, woufir dat net klappt a mir müssen deenen esou vill wéi méiglech Méiglechkeete ginn.

Natierlech musse mer och kucke wéi mer d'Administration de l'Emploi weider strukturell verstärken. Leider, soen ech hei, mä déi Décisioun ass awer par ailleurs richtig, hu mer d'nächst Joer en Astellungsstopp. Et ginn awer aner Méiglechkeete wéi mer eis kënne verstärken. Zum Beispill hu mer am Kader vum PAN-Gesetz de Système vun de Consultant beim Aarbechtsamt agefouert. Consultant, dat si Leit déi aus dem Privatsecteur hierkommen, déi meeschtens do Personalchef waren an déi kee Vertrag mam Aarbechtsamt hunn, mä déi e Vertrag hunn, zum Beispill mat enger Patronsféderatioun oder Patronsnummer an de Ministère bezuelt déi zrëck, an déi maachen den Intermédiaire zwëschen dem Privatsecteur an dem Aarbechtsamt.

An do wou sou direkt mat de Betriber zesumme geschafft gëtt, do hu mer ganz vill Succès. Do wou de Betrib op eis zoukënnt a seet, mir brauchen esou vill Leit, déi kënne mer da sichen. Mir schécken se an Ateliers de formation, si ginn de Betrib kenne léieren, duerno hu mer nach Moosnamen, fir se an de Betrib ze inséréieren, wéi de Stage de réinsertion oder de Stage d'insertion oder de CAT. Bei all deene Moosname stelle mer awer fest, dass mer bis zu 90% Réussite hunn an do musse mer einfach esou weiderschaffen.

Dat bréngt mech awer nach eng kéier dozou ze soen, dass jidder-een, och de Betrib, muss hëllefen. An et ass kloer, dass d'Administration de l'Emploi an Zukunft och méi verstärkt déi Betriber wäert strofen, déi hir Aarbechtsplazen net deklaréieren, well mir kënne jo réischt an d'Spill komme wann d'Aarbechtsplazen iwwerhaapt deklaréiert ginn. A selbstverständlech hunn ech schonn d'leschte kéier hei gesot, ginn et och Strofe fir déi Leit, déi wierklech net wëllen eng Schaff sichen; och dat besteet bei der Administration de l'Emploi - ech mengen dat waren am Joer 2002 iwwer 7.000 Strofen, déi esou ausgesprach goufen.

Dann e Wuert, Här President, iwwert d'Politik fir déi eeler Leit. Ech mengen, datt et extrem wichteg fir dëst Land ass, dass mer den Taux d'emploi vun den eelere Leit an d'Luucht setzen. Dat net well Europa et seet, mä dat wëinst den Ursaache wou Europa dat seet. An eng vun deenen ass de Problem vun eisem Aarbechtsmaart. Mir hunn ëmmer méi Grenzgänger um Aarbechtsmaart an dat bréngt mat sech, dass et eng ganz Partie vu Beräicher gëtt, wou een nach just Grenzgänger fënnt. Do muss een och wëssen, dass de Buschtéléfon funktionéiert an dass et do nach vill méi schwierig ass fir Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen, fir an esou Betriber eranzekommen.

Mir müssen also kucken, dass den Taux vun deene Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen a schaffen, an d'Luucht geet. An dat fänkt bei deenen Eelern un. Dat ass e

grousse volkswirtschaftleche Verloscht, wann d'Leit einfach ofgedrängt ginn. Dat ass méi einfach gesot wéi gemaach, well ech begéinen ëmmer Patronsvertreieder déi soen, dat ass eng Sauerei. Bei deenen, déi mer dat soen, wa mer makroekonomesch diskutéieren, kommen der awer och, wa mer mikroekonomesch diskutéieren, déi soen, ech hätt elo gär d'Prétraite fir mä Betrib, well dat ass déi einfachst Method fir bëlleg an effikass ofzebauen.

Mir wäerten d'Prétraite och net ofschafen. Ech muss awer soen, dass dat net kann d'Léisung sinn, dass mer einfach soen, déi Eeler ginn an d'Pensioun. Déi Diskussioun muss objektiv gefouert ginn. Si gëtt leider oft vun zwou Säite gären demagogesch gefouert, vun deenen engen esou gutt wéi vun deenen aneren.

Fir dat ze maachen hu mer elo e Bericht bei der OCDE an Optrag ginn iwwert d'Travailleurs âgés. Dee Bericht ass amgaange fäerdeg gestallt ze ginn. D'Sozialpartner hunn deen elo, fir Bemerkungen eranzeginn an esoubal ech dee Bericht hunn, wäert ech an déi zoustänneg Chamberkommission, Här Glesener, kommen, wéi mer dat ëmmer maachen an och lech dee Bericht virstellen an och do eng Diskussioun féieren, well einfach Mëttel gëtt et net.

Ech hu virdru gesot, dass d'35-Stonne-Woch kee Wonnermëttel ka sinn an einfach ze simplistes ass. Ech soen awer och, dass déi Leit, an dat sinn aner Servicer vun der OCDE, déi och dozou gehéieren, mer soen, mä eng einfach Method fir méi Eelerer op d'Aarbechtsplaz ze kréien, dat ass de Kennegungsschutz fir déi Eeler ofzeschaffen. Dat ass grad esou eng simplistes Method, déi net funktionéiert. Wa mer hei géifen de Kennegungsschutz fir déi Eeler ofschafen, wësst Der wat mer dann hätten? Dann hätte mer schrecklech vill Eelerer am Chômage a mir hätten ëmsou méi Grenzgänger, déi misste bis hanner Metz gesicht ginn, fir déi Plazen ze iwwerhuelen. Esou kann dat net funktionéieren, an dofir muss een och, wann ee wëllt eng Politik maachen, an et muss een esouwuel d'Demandé wéi d'Offere kucken.

An da muss een zum Beispill och d'Leit kucken. Een dee 57 Joer huet, dee mat 15 Joer schaffe gaangen ass, dee säi Liewe laang manuell geschafft huet an deen 42 Joer dee Moment, vu 15 op 57 Joer, Joer kotiséiert huet, bei deem gesinn ech wierklech net an, wou ee seet, a neen dee muss awer elo wierklech bis de maximalen Alter vu 65 Joer schaffe goen. D'Sécurité sociale kënt eran. Do hutt Der alleguerte ganz Recht gehat. Da muss een effektiv kucken, wat ass d'Cotisation effective a wat sinn d'Années de cotisation a wat sinn d'Années de computation. Déi Saache müssen an esou eng Diskussioun mat erakommen.

De Qualifikatiounsniveau muss an esou eng Diskussioun mat erakommen. Wat mer awer schéngt wichteg ze sinn zu Lëtzebuerg, dat ass, dass mer op d'mannst déi Leit, déi wëlle méi laang schaffen, ouni dass mer elo emol dovou schwätze fir Leit ze forcéieren, dat ass net mäin éischten Discours, mä déi Leit, déi wëlle méi laang schaffen, dass mer deenen op d'mannst Méiglechkeet gi méi laang ze schaffen. An dat huet eis dozou bruecht fir dee Bopispermis, wéi dat am Jargon vum Ministère du Travail heescht, ofzeschaffen.

#### (Interruptions diverses)

Et waren awer éischter Bopien, déi bei eis gefrot hunn, wéi Bomien, fir dann ze soen: Ma déi Leit, déi wëlle schaffe goen, déi sollen och këne schaffe goen. Natierlech bedéngt dat och eng kéier eng Diskussioun an deem ganze Kader iwwert d'Antikumulbestëmmungen mat der Sécurité sociale. Ech mengen, där Diskussioun därff ee

sech dann och net verschléissen, wann een op esou eng Politik wëllt goen.

Et ass awer nach en anere Problem derbäi. Ee Problem ass och dee vun der Mentalitéit a vun der Kultur. Mir hunn am Kader vun der Stolkris de Leit gesot, Dir musst ophalen, fir dass déi Jonk hir Aarbecht kënne behalen. Ech si jo aus dem Escher Neidierfchen an ech hunn dat matgemaach, wéi déi éischt koumen. Do hunn d'Leit all gekrasch a si ware rose wéi se gesot kritt hu si misste mat 57 Joer ophalen.

Mëttlerweil hu mer e Kulturwandel an deem Land matgemaach an haut gamst bal jidderen drop - an dat gëtt och eng Mentalitéit an de Gespréicher -, fir kënnen éischter ze goen an et ass och net méi an de Kapp dran, dass et eigentlech normal ass, dass een no 60 Joer nach schafft. Et ass also och do e Kulturwandel, deen ee muss bewirken, an de Kulturwandel bewierkt een nëmme schrëttweis an et bewierkt een en net mat drastesche Moosnamen, déi vun uewen erof ordonnéiert ginn. Mir müssen also kucken, dass mer déi Diskussioun féiere mat de Sozialpartner, selbstverständlech och an der Chamber féieren, mä déi éischt Diskussioun wäert ech mat de Sozialpartner hunn, fir ze kucke wat kënne mer, wa mer och nëmme kleng Moosname maachen, an d'Wee leeden, fir lues a lues do en Émschwong ze bréngen.

Ech si ganz géint radikal Moosnamen, well radikal Moosnamen, dat si vereinfacht Moosnamen an déi bréngen näischt. Leider ass et schwéier einfach Moosname géint de Chômage ze fannen an et kommen nëmme komplex Moosnamen hier. Mir sollen eis awer dofir net an d'Boxhorn joë loossen, och wann de Chômage nach an Zukunft weider wüsst.

Haut war - ech konnt net do sinn, well ech hei war - de Comité de Conjoncture zesummen. Wann Der elo déi nei Zuele gewuer gitt an der Mëttesstonn, da stellt Der fest, dass och am Mount November de Chômage geklommen ass, liicht geklommen, wesentlech manner héich, manner séier geklomme wéi dat lescht Joer am November, mä en ass nach weider geklommen, an dat wäert fir de Mount Dezember och nach de Fall sinn. Dat wëllt awer net soen, dass de ganze PAN näischt bréngt. Dat soll eis just dra bestärken, dass mer dat, wat mer amgaange sinn ze maachen, nach weider ausbauen.

An dann e lescht Wuert, Här President, an da sinn ech fäerdeg, wann Der mer de Mikro net ofschneit, en allerlescht Wuert kuerz iwwert d'Aarbechtszäitreduktioun. Ech mengen, dass d'Aarbechtszäitreduktioun e Mëttel ka si fir Aarbechtsplaze bäizebehalen an net nëmme fir Aarbechtsplazen ze schaffen. Och dat kann nëmmen eenzel an engem Betrib geschéien. Dofir soen ech och, Här Lux, wat Villeroy & Boch ubelaangt oder aner Betriber, och wa mir elo schonn esou staatlech, gesetzlech Fördermëttel hätten, déi mer nach net hunn, wann e Betrib dat net wëllt maachen, da géif et och net mat de gesetzleche Fördermëttel geschéien. Dat heescht, d'Diskussioun, déi do ass an d'Diskussioun, déi mer amgaange sinn ze féieren a wou d'Sozialpartner mer gesot hunn, si géifen dat och gären ënner sech maachen, dass se kucken, wat ee sech virstelle kann. Woubäi net alles einfach ass! Mir hunn et zum Beispill iwwert de Chômage partiel. Chômage partiel ass eigentlech schonn een Deel provisoersch temporär Aarbechtszäitreduktioun fir Aarbechtsplazen ze schafen.

Ech si bereet vill méi wäit ze goen. Ech hunn dat e puermol gesot, an d'Sozialpartner sinn amgaangen ënner sech ze diskutéieren a wann d'Sozialpartner sech eens wieren iwwer e staatleche Begleedmodell, wier ech deen Éischten, dee ganz, ganz séier géif kucken e Projet op



den Instanzewee ze kréien an dee  
Projet ka jo vläicht eng Kéier séier  
gestëmmt ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskus-  
sioun ass elo ofgeschloss a mir  
kommen zur Lecture vun den Arti-  
kele vum Projet de loi 5143A a  
stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi  
(par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 bis 7 si gelies an uge-  
holl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir  
stëmmen elo of iwwert dee virleien-  
de Gesetzesprojet.

**Vote sur l'ensemble du projet de  
loi et dispense du second vote  
constitutionnel**

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi der-  
géint si mat Neen oder si enthale  
sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg  
ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Nancy Arendt,  
Marie-Josée Frank, MM. Marcel  
Glesener, Jean-Marie Halsdorf,  
Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-  
Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme  
Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick  
Santer (par M. Théo Stendebach),  
Marcel Sauber, Marco Schank,

Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM.  
Théo Stendebach, Nicolas Strotz  
(par Mme Nancy Arendt), Fred  
Sunnan, Lucien Weiler (par M. Ni-  
co Loes), et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Jean-  
not Belling), MM. Jeannot Belling,  
Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emi-  
le Calmes, Mme Agny Durdu, MM.  
Gusty Graas, Paul Helminger (par  
M. Emile Calmes), Alexandre  
Krieps (par M. Niki Bettendorf),  
Mme Maggy Nagel (par M. Xavier  
Bettel), MM. Jean-Paul Rippinger,  
et John Schummer (par Mme Agny  
Durdu);

MM. Jean Asselborn (par M. Jos  
Scheuer), Alex Bodry, Mme Mady  
Delvaux-Stehres, M. Mars Di Barto-  
lomeo (par M. Marc Zanussi), Mme  
Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-  
Pierre Klein, Jeannot Krecké (par  
M. Alex Bodry), Lucien Lux, Mme  
Lydia Mutsch (par Mme Mady Del-  
vaux-Stehres), MM. Jos Scheuer,  
Georges Wohlfart (par Mme Lydie  
Err) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibé-  
ryen, Fernand Greisen, Jacques-  
Yves Henckes, Aly Jaerling (par M.  
Fernand Greisen), Jean-Pierre  
Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gi-  
ra, Jean Huss (par Mme Dagmar  
Reuter-Angelsberg), Mmes Dag-

mar Reuter-Angelsberg et Renée  
Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum  
zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

**4. 4937 – Projet de loi  
portant approbation de  
la Convention interna-  
tionale pour la répres-  
sion des attentats ter-  
roristes à l'explosif,  
adoptée par l'Assem-  
blée Générale des Na-  
tions Unies, le 15 dé-  
cembre 1997 (suite)**

Dann hu mer nach iwwer e Projet  
ofzestëmmen. Do hate mer d'Lec-  
ture vun den Articlele scho ge-  
maach. Et ass de Projet de loi  
4937.

**Vote sur l'ensemble du projet de  
loi et dispense du second vote  
constitutionnel**

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo,  
déi aner mat Neen oder si enthale  
sech.

De Projet de loi ass mat 51 Jo-  
Stëmmen a 5 Abstentiounen uge-  
holl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt,  
M. Lucien Clement (par M. Jean-  
Marie Halsdorf), Mme Marie-Josée  
Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-  
Marie Halsdorf, Norbert Hauptert,  
Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Lau-  
rent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-  
Faber, MM. Patrick Santer (par M.  
Théo Stendebach), Marcel Sauber,  
Marco Schank, Jean Spautz, Mme  
Nelly Stein, MM. Théo Stendebach,  
Nicolas Strotz (par Mme Nancy  
Arendt), Fred Sunnen, Lucien Wei-  
ler (par M. Nico Loes) et Claude  
Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Jean-  
not Belling), MM. Jeannot Belling,  
Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emi-  
le Calmes, Mme Agny Durdu, MM.  
Gusty Graas, Paul Helminger (par  
M. Gusty Graas), Alexandre  
Krieps, Claude Meisch (par M. Niki  
Bettendorf), Jean-Paul Rippinger et  
John Schummer (par Mme Agny  
Durdu);

MM. Jean Asselborn (par M., Ben  
Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Del-  
vaux-Stehres, M. Mars Di Bartolo-  
meo (par Mme Lydie Err), Mme Ly-  
die Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre  
Klein, Jeannot Krecké (par M. Alex  
Bodry), Lucien Lux, Jos Scheuer,  
Georges Wohlfart (par M. Jean-  
Pierre Klein) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibé-  
ryen, Fernand Greisen, Jacques-

Yves Henckes, Aly Jaerling (par M.  
Fernand Greisen), Jean-Pierre  
Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. François  
Bausch, Camille Gira, Jean Huss  
(par Mme Dagmar Reuter-Angels-  
berg) Mmes Dagmar Reuter-  
Angelsberg et Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum  
zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir wä-  
ren dann um Enn vun eiser Sitzung  
ukomm. De Punkt Nummer 1 iwwert  
den Équipement militaire, deen am  
Fong geholl och virgesi war fir  
haut, ass op muer de Mëtteg ver-  
luecht. De Minister ass aus be-  
ruffleche Grënn verhënnert derbäi  
ze sinn. Mir géingen deen da muer  
de Mëtteg behandelen.

Déi nächst Sitzung ass haut de  
Mëtteg a fänkt um hallwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à  
10.53 heures)**

Ordre du jour

- 5195 - Projet de loi relatif à la construction d'un nouveau  
Laboratoire National de Santé à Dudelange  
(Rapport de la Commission des Travaux publics - Discus-  
sion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et  
dispense du second vote constitutionnel - Motion)
- 5207 - Projet de loi relatif au réaménagement des bâti-  
ments du Lycée et Collège Vauban à Luxembourg-Lim-  
pertsberg  
(Rapport de la Commission des Travaux publics - Discus-  
sion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et  
dispense du second vote constitutionnel)
- 5209 - Projet de loi relatif à l'agrandissement et au ré-  
aménagement du Lycée technique de Lallange à Esch-  
sur-Alzette  
(Rapport de la Commission des Travaux publics - Discus-  
sion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et  
dispense du second vote constitutionnel)
- 5210 - Projet de loi relatif à la construction d'un bâtiment  
pour le Centre de recherche public „Gabriel Lippmann“  
sur la friche industrielle de Belval-Ouest y compris l'ac-  
quisition des équipements spéciaux et l'aménagement  
des alentours  
(Rapport de la Commission des Travaux publics - Discus-  
sion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et  
dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mmes Erna Hennicot-  
Schoepges et Anne Brasseur, MM. Henri Grethen et Carlo  
Wagner, Ministres.

**(Début de la séance publique à 14.32 heures)**

M. le Président.- D'Sitzung  
ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunika-  
tioun ze maachen?

**(Négation)**

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Da komme mer elo zur Diskussioun  
vum Projet de loi 5195 iwwert de  
Bau vun engem neie Laboratoire  
zu Diddeleng. D'Riedezäit ass nom  
Modell 2 festgehalen. Et si schon  
agedroen: d'Madame Arendt, déi  
Hären Di Bartolomeo, Bettendorf,  
Mehlen, Huss a Fayot. D'Wuert  
huet elo de Rapporteur vum Projet  
de loi, den honorabelen Här Fred  
Sunnan.

**1. 5195 - Projet de loi  
relatif à la construction  
d'un nouveau Labora-  
toire National de Santé  
à Dudelange**

**Rapport de la Commission des  
Travaux publics**

M. Fred Sunnen (CSV), rap-  
porteur.- Här President, Dir Dam-  
men an Dir Hären, dee Projet, mat  
deem mir haut de Mëtteg befaasst  
sinn, dréit sech ëm de Bau vun en-  
gem neie Laboratoire National de  
Santé zu Diddeleng.

De Projet ass den 19. August vun  
der Bauteministesch Madame Erna

Hennicot-Schoepges hei an der  
Chamber déposéiert ginn. De 16.  
Oktober huet d'Kommissioun an hi-  
rer Sëtzung mech als Rapporteur  
bestëmmt, an an därselwechter  
Sëtzung ass den Avis vum Statsrot,  
deen den 23. September vun de-  
sem Joer agaange war, op Häerz  
an Niere gepréift ginn.

De Laboratoire National de Santé  
ass am Moment an engem Gebai  
um Verluerekascht ënnerbruecht,  
dat 1960 a Betrib geholl ginn ass.  
Am Laf vun der Zäit hunn d'Mis-  
siounen an d'Aufgabebereäicher  
vun deem Labo därmoossen évo-  
luéiert, dass et zu engem akute  
Plazmangel um Verluerekascht  
komm ass. A verschidde Labora-  
toiré mussen aacht Persounen mat  
hiren Équipement op enger Fläch  
vu 46 m² zesumme schaffen. De  
Plazmangel ass därmoossen akut,  
dass de Moment d'Sectiounen vun  
der Hématologie an der Immunolo-  
gie a Containeren ënnerbruecht  
sinn. Ausserdeem geet aus dem  
Rapport vum Inspecteur général  
de la santé ervir, dass d'Räimlech-  
keete vum Laboratoire net méi den  
heitegen erfuerderlechen hygie-  
neschen a sécherheetstechnesche  
Kritären entsprechen.

Fir dass de Laboratoire National de  
Santé och an Zukunft senge Mis-  
siounen als Kontroll- a Medezinla-  
boratoire nokomme kann, huet mis-  
sen iwwert de Relogement vun de  
bestoende Gebaier nogeduecht  
ginn. De Projet de loi gesäit deem-  
no vir, dass den neie Laboratoire  
National de Santé op Diddeleng an  
eng nei Zone d'activité gebaut  
gëtt, déi sech an der Emgéigend  
vun der Collectrice du Sud be-  
fënnt. Dësen Neibau wäert et dem  
Labo erlaben, seng aktuell an  
zukünfteg Missiounen vum Contrôle,  
der Diagnostik sou wéi der Zesum-  
menaarbecht mat der Fuerschung  
ze erfëllen. An enger spéiderer  
Phas ass ausserdeem de Bau vun  
engem Veterinär- sou wéi vun en-  
gem Waasser- an Emweltlabora-  
toire um selwechte Site geplangt.

Här President, erlaabt mir méi am  
Detail op déi zukünfteg Aktivitéiten  
a Missiounen vum neie Laboratoire  
anzegoen. Déi éischt a klassesch  
Missioun ass de Contrôle vun de  
Medikamenten an de Liewensmët-  
tel. D'Missiounen vum Service de  
contrôle des médicaments ëmfaas-  
sen divers Aktivitéiten wéi beispills-  
weis d'Analys vun der pharmako-  
chemescher Qualitéit vum Medika-  
ment, wëssenschaftlech Évalua-  
tiounen, Autorisationsprozedure  
fir de Marché sou wéi d'Entwéck-  
lung vun neien Analysmethoden.  
Ausserdeem schafft dëse Service  
enk mat der Agence européenne  
de l'évaluation des médicaments,  
dem Conseil de l'Europe an der Or-  
ganisatioun Mondiale de la Santé  
zesummen.

D'Divisioun vun der Liewensmët-  
telkontroll assuréiert déi analytesch  
Kontroll a bedreift zum Deel Fue-  
schung. Zil ass, d'Liewensmët-  
tel op gesondheetsschiedlech Sub-  
stanzen ze präifen, d'Qualitéit vun  
de Liewensmët-  
tellen ze analyséieren an de Ver-  
braucher ze schüt-  
zen.

Wat d'Fuerschung an deem Ser-  
vice ugeet, ass d'Haaptzil quantita-  
tiv a qualitativ Détektiounsmethode  
fir genetesch modifizéiert Organ-  
ismen ze entwéckelen, déi an dee-  
nen nächste Joren op de Maart  
wäerte kommen.

Eng zweet Missioun vum Labora-  
toire sinn déi sou genannten dia-  
gnostesch Aktivitéiten. Dës dia-  
gnostesch Aktivitéiten ëmfaassen  
zéng verschidde Gebitter: D'Ana-  
tomie pathologique, d'Cytologie  
clinique, d'Chimie biologique,  
d'Hématologie, d'Bactériologie,  
d'Sérologie, d'Virologie, d'Cytogé-  
nétique, d'Toxicologie an d'biolo-  
gesch lwwerwaachung.

D'Kollaboratioun mat Missiounen  
vun der Santé publique, déi am Ka-  
der vun nationalen an internationa-  
le Programmer gefouert ginn, ass  
eng weider Missioun, déi den neie  
Laboratoire an Zukunft erfëlle  
wäert. Dës Missiounen bezéien sech  
haaptsächlech op den Diagnostik  
an d'Analyse épidémiologique, dat  
heescht op d'Erfuerschung an  
d'Analys vu Seuchen an Epide-  
mien.

Dës Etüden iwwert d'Heefegkeet  
an déi geographesch Verdeelung  
vu Krankheete lafen an Zesum-  
menaarbecht mat de Servicer vun  
der Santésdirektioun, de Vete-  
rinärsservicer an de Kliniken.

Eng lescht Missioun vum Labora-  
toire sinn d'Fuerschung an den  
Enseignement. D'Recherche ass  
enorm wichteg fir de wëssen-  
schaftlechen Niveau an der Biolo-  
gie no vir ze bréngen. An deem  
Punkt gëtt ënner anerem op eng  
Zesummenaarbecht mat der Uni  
Lëtzebuerg higeschafft. Sou ass  
zum Beispill virgesinn, en Doktorat  
an der Immunologie an an der Mo-  
lekularbiologie a Kollaboratioun  
mat enger auslännescher Universi-  
téit ze organiséieren.

Dir Dammen an Dir Hären, wat elo  
de Bau vum neie Laboratoire ube-  
laangt, sou ass scho wéi gesot en  
Terrain am Norde vun Diddeleng  
an enger neier Zone d'activité vir-  
gesinn an der Géigend vun der  
Collectrice du Sud. De Verantwor-  
teleche vun der Gemeng Diddeleng  
no solle sech an Zukunft an dëser  
Zone d'activité héichwäerteg Betri-  
ber nidderloossen, déi net nëm-  
men der Gemeng, mä och dem La-  
boratoire zegutt kommen. D'Ges-  
amtfläch vun deem Terrain be-  
dréit 4,5 ha, an d'Bebauungsfläch  
eng ronn 15.000 m². Dësen Terrain  
ass grouss genuch, fir och nach  
zukünfteg Bauten op deem Site  
ze realiséieren.

Well sech e Laboratoire duerch  
seng Funktioun auszeechent a säi  
Fonctionnement permanent ännere  
kann, gëtt ee ganz funktionellt a  
flexibelt Gebai opgeriicht. D'Gebai  
gëtt an zwee Deeler opgespléckt.  
D'Haaptgebai huet eng Gréisst vun  
90 op 25 Meter an ëmfaasst siwe  
Stäck. D'Niewegebai miesst 90 op  
35 Meter mat dräi Niveauen. An  
dës Gebaier kommen haaptsäch-  
lech Laboratoiren, déi no verschid-  
de Sécherheetskritäre gebaut mus-  
se ginn. An deem Kontext ënner-  
scheet een tësche Laboratoiren  
aus der Kategorie L1, wou keen  
Ustiechungsrisiko besteet, a Labo-  
ratoiren aus der Kategorie L2, mat  
enger lichter Ustiechungsgefor.  
Dës zwou Kategorië kréien um  
Konstruktionsniveau déiselwecht  
Aménagementen, Ennerscheeder